



GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 04.05.2018





SOMMAIRE

RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL DU 4 MAI 2018

Séance publique

1. CORRESPONDANCE

2. CIRCULATION

- 2.1. Confirmation d'un règlement d'urgence temporaire de la circulation – um Kräizbiereg
- 2.2. Approbation du règlement définitif de la circulation – passage pour piétons dans la rue du Parc

3. FINANCES COMMUNALES

- 3.1. Approbation du devis remanié relatif à l'extension de l'école Gaffelt en vue de l'aménagement de 4 salles de classe supplémentaires
- 3.2. Approbation d'un crédit extraordinaire supplémentaire relatif à l'extension de l'école Gaffelt en vue de l'aménagement de 4 salles de classe supplémentaires
- 3.3. Approbation du devis estimatif relatif au réaménagement extérieur de la maison des jeunes
- 3.4. Approbation du devis estimatif relatif au renouvellement de la toiture de l'annexe pompiers
- 3.5. Approbation d'un crédit spécial relatif à l'aménagement d'un nouveau praticable (sol) pour le gymnase Ribeschpont
- 3.6. Approbation de la convention de collaboration pour le projet de logements encadrés passée avec l'office social de Dudelange et la Fondation Pro Familia
- 3.7. Approbation de la convention concernant le parking « rue Zinnen » passée avec l'a.s.b.l. Œuvres paroissiales Saint Martin
- 3.8. Approbation d'un contrat de prêt concernant l'utilisation d'un terrain sis sur l'ancien site du laminoir de Dudelange, passé avec le Fonds du Logement
- 3.9. Approbation d'un acte de vente
- 3.10. Approbation de décomptes
- 3.11. Subside extraordinaire à accorder

4. AMÉNAGEMENT COMMUNAL ET DÉVELOPPEMENT URBAIN

Approbation de la convention et du projet d'exécution relatifs au plan d'aménagement particulier «rue Dominique Lang» conclus avec la société Cité Cube s.à r.l.

5. APPROBATION DES MODIFICATIONS À APPORTER DANS LA COMPOSITION DE DIFFÉRENTES COMMISSIONS CONSULTATIVES COMMUNALES

6. DISCUSSION CONCERNANT LE SITE D'ARCELOR-MITTAL À DUDELANGE ET PRÉSENTATION D'UNE MOTION

7. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

Séance à huis clos

8. PERSONNEL

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Résumé français: Patrick Bausch
Retranscription: Rita Schmit
Photos / Illustrations: Ville de Dudelange, André Weisgerber, Mike Zenari, Roberto Santoprete
N°4/2018 - Parution: juillet 2018





RAPPORT SOMMAIRE DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL DU 4 MAI 2018

Présents: Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre; Loris Spina, René Manderscheid; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Mesdames Sylvie Andrich-Duval (sauf pour le point numéro 5 de l'ordre du jour), Martine Bodry-Kohn; Messieurs Bob Claude, Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Robert Garcia, Henri Glesener; Madame Romaine Goergen; Messieurs Vic Haas, Yves Jadin; Madame Michèle Kayser-Wengler; Monsieur Claude Martini; Madame Emilia Oliveira et Monsieur Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal. Absent: néant.

Début de la séance à 8.00 heures.

Monsieur le bourgmestre ouvre la séance en souhaitant la bienvenue à tous les membres. Il est de suite procédé à la liquidation de l'ordre du jour.

Le premier point est réservé à la correspondance adressée au conseil communal.

L'adoption de réglementations de la circulation figure au 2e point de l'ordre du jour. Ainsi, le conseil communal, par des votes unanimes, confirme le règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation à l'occasion de l'exécution de travaux de réaménagement de la rue Um Kräizbiereg. Ladite réglementation a pris effet le 26 mars 2018 et durera jusqu'à la fin des travaux en fonction de l'avancement du chantier; approuve la réglementation de la circulation pour l'installation d'un passage pour piétons dans la rue du Parc, à hauteur de la maison numéro 176.

Le point numéro 3 de l'ordre du jour a trait aux finances communales. Ainsi, le conseil communal, par des votes unanimes respectifs, 1. approuve le devis remanié de 2'270'000 € relatif à l'extension de l'école Gaffelt en vue de l'aménagement de 4 salles de classe supplémentaires; 2. est d'accord avec le crédit extraordinaire supplémentaire de 450'000 €, à inscrire au budget arrêté de l'exercice 2018, pour couvrir les dépenses supplémentaires relatifs à l'extension de l'école Gaffelt; 3. avalise le devis estimatif d'un montant de 50'000 € relatif aux travaux de réaménagement extérieur de la maison des jeunes; 4. autorise le devis estimatif d'un montant de 185'000 € relatif au renouvellement de la toiture de l'annexe pompiers à l'Hôtel de Ville; 5. admet le crédit spécial de 38'000 € pour le remplacement du sol spécial pour gymnastique au gymnase Ribeschpont; 6. approuve la convention de collaboration pour le projet de logements encadrés passée entre la Ville de Dudelange, l'office social de Dudelange et la Fondation Pro Familia. Cette convention fixe les modalités de fonctionnement pour le projet de logements encadrés à Dudelange et a pour objectif la mise à disposition de quatre chambres individuelles avec kitchenette et salle de bain communes et l'encadrement respectivement le suivi social de femmes en situation de détresse connues et suivies par la

Fondation Pro Familia; 7. ratifie la convention passée entre l'a.s.b.l. Oeuvres paroissiales Saint Martin et la Ville de Dudelange. Cette convention formalise l'accord de mise à disposition à la Ville à titre gratuit pour une durée initiale de 20 années le terrain sis à la rue Antoine Zinnen, pour servir de parking public; 8. approuve le contrat de prêt conclu entre la Ville de Dudelange et le Fonds du Logement pour l'utilisation d'un terrain sis sur l'ancien site du laminoir de Dudelange, NeiSchmelz, pour y installer temporairement un jardin communautaire et un terrain de Streetball, Teqball et Calisthenics; 9. ajourne l'approbation de l'acte de vente passé entre la Ville de Dudelange et les époux Fonseca-Dos Santos Fonseca à l'ordre du jour d'une prochaine réunion. Aux termes de cet acte, les époux Fonseca-Dos Santos Fonseca vendent à la Ville de Dudelange un garage dans la rue des Minières pour un montant de 50'000 €; 10. ratifie les décomptes des travaux extraordinaires suivants: travaux d'extension de la maison relais Gaffelt 929'532,75 €; travaux de renouvellement de la toiture de l'auvent de l'école Strutzbiereg A 26'452,24€; travaux d'aménagement de toilettes et d'un dépôt au parc Mayrisch 195'092,68 €; travaux de mise en sécurité du sous-sol de l'école Strutzbiereg B 29'209,72 €; travaux de remplacement du chauffage pour le coin de terre et du foyer (CTF) 13'535,22 €; travaux de mise en conformité du foyer Diddelfamill 57'394,85 €; travaux de mise en conformité du foyer Minettsdepp 290'764,73 €; travaux de mise en conformité du foyer Nuddelsfabrik 15'136,13€; travaux de réaménagement des bureaux du département financier à l'Hôtel de Ville 20'751,12€; reproduction du monument en zinc sur la toiture du Musée Municipal / Galerie Nei Licht 29'478,91 €; 11. attribue un subside extraordinaire de 500€ à l'association «Freed um Liesen» pour participer au financement de l'édition du livre «Moien».

Le conseil communal, approuve sub point numéro 4 de l'ordre du jour, la convention et le projet d'exécution du projet d'aménagement particulier «rue Dominique Lang» conclus avec la société Cité Cube s.à r.l.

Les modifications à apporter à la composition de diverses commissions consultatives communales



Les modifications à apporter à la composition de diverses commissions consultatives communales sont acceptées à l'unanimité. Ainsi sont nommés membres du groupe de travail « Promotion du centre commercial » : Madame Cathy Mambourg, architecte de la Ville et Monsieur André Mathieu en remplacement de Monsieur Adriano Basile. Dans la commission de l'hygiène, Madame Thessy Erpelding remplace Monsieur Daniel Philipps, dans la commission des nouveaux médias, Monsieur Yves Jadin remplace Monsieur Raoul Thill, dans la commission du 3e âge, Monsieur Jos Thill remplace Madame Chantal Weinert et dans la commission des jeunes, Madame Nathalie Haas remplace Monsieur Raoul Thill.

A l'unanimité est aussi approuvée la motion présentée par le collège des bourgmestre et échevins au sujet du projet de la vente par ArcelorMittal de son usine à Dudelange. Au vu de l'importance du sujet, le texte de la motion est repris en intégralité ci-après :

« Motion concernant le site ArcelorMittal Dudelange
Attendu que ArcelorMittal envisage d'acquérir les sites du groupe sidérurgique italien ILVA ; Attendu que ArcelorMittal, dans le cadre de la réalisation de cette opération, envisage de se séparer de certains actifs européens et par conséquent veut céder son usine à Dudelange ; Considérant qu'initialement la vente du site de Dudelange ne figurait pas sur la liste envoyée à la Commission européenne ; Considérant que pour se conformer aux règles européennes en matière de concurrence et pour éviter une position dominante, la Commission européenne a demandé à ArcelorMittal de réviser la liste des actifs à céder, et ArcelorMittal a décidé d'y ajouter le site de Dudelange ; Attendu que la Commission européenne, en se focalisant sur la politique en matière de concurrence et en imposant des désinvestissements, affecte une politique industrielle européenne cohérente visant à créer des emplois et assurer une croissance de l'économie ; Vu le délai du 23 mai 2018, date de décision de la Commission européenne statuant sur le rachat de la société ILVA par ArcelorMittal ; Considérant les courriers du 16 avril et 20 avril 2018 adressés par le Ministre de l'Economie et le bourgmestre de la Ville de Dudelange à la Commissaire

européenne en charge de la concurrence et vu sa réponse du 19 avril 2018 ; Vu que Dudelange constitue le berceau de l'ARBED ; Vu que l'essor sidérurgique et industriel du bassin minier a largement contribué à la richesse du Grand-Duché de Luxembourg ; Considérant que la crise de la sidérurgie a largement affecté le bassin minier et la Ville de Dudelange en particulier ; Considérant que l'usine ArcelorMittal emploie 300 salariés sur le territoire de la Ville de Dudelange ; Rappelant que ArcelorMittal a été largement soutenu par le Gouvernement luxembourgeois dans le passé ; Vu les inquiétudes communes exprimées par les représentants gouvernementaux, syndicaux et communaux ; Le conseil communal de la Ville de Dudelange, à l'unanimité : s'oppose fermement à la vente de l'usine ArcelorMittal à Dudelange ; se rallie entièrement à l'appel lancé par les représentants gouvernementaux et syndicaux à l'adresse d'ArcelorMittal pour reconsidérer sa décision de vente ; s'inquiète au sujet de l'exploitation et de la pérennité industrielle du site, ceci dans le cadre d'une reprise éventuelle par un nouvel acquéreur et des priorités fixées par ce dernier ; plaide pour le maintien intégral des emplois et s'oppose à une dégradation des conditions de travail réservées aux salariés ; soutient le ministre de l'Economie, le ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Economie solidaire ainsi que les syndicats dans tous leurs efforts pour la préservation de l'usine de Dudelange ; soutient les représentants gouvernementaux et syndicaux dans leur démarche commune de maintenir une pression à l'égard de la commission européenne afin d'obtenir de sa part des réponses transparentes et des garanties concernant les investissements durables pour l'usine de Dudelange. »

Aucune question n'a été posée au collège des bourgmestre et échevins en amont de la réunion du conseil communal.

La séance se poursuit ensuite à huis clos.

Fin de la séance vers 10.25 heures.



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 4. MEE 2018

1. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEISTER):

Léif Kolleegen a Kolleginnen aus dem Gemengerot wëllkommen an dëser Gemengerotssatzung de Gemengerot ass komplett, dofir géif ech och proposéieren dass mir ufänke mam éischte Punkt, dat ass ënner Korrespondenz, do hunn ech de Moment näischt matzedeelen, ausser déi Diskussioun ronderëm ArcelorMittal Diddeleng, de Site, mee do hu mir och eng Motioun wou mir de Moment nach driwwer diskutéieren. Dofir gi mir elo iwwer ob d'Circulatioun, do sinn zwee Reglementer, déi virleien an do kritt d'Claudia Dall'Agnol d'Wuert.

2. VERKEIERS- REGLEMENTER

2.1. Confirmatioun vum temporäre Verkeiers- reglement – um Kräizbiereg

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Merci, mir hunn haut zwee Punkten um Ordre du Jour wat d'Circulatioun ubelaangt. De Punkt 2.1 do geet et ëm e Reglement d'urgence vum Schäfferot dat mir musse confirméieren an zwar fir de Chantier um Kräizbiereg. Firwat? Ma, Dir kënnt lech erënneren, dass mir den 9. Februar hei am Gemengerot en temporäert Verkeiersreglement fir dee Chantier gestëmmt haten. Mir hunn dat dunn ageschéckt, mir mussen dat jo aschécken, a krute 5-6 Woche méi spéit en negativen Avis dozou vun der staatlecher Verkeierskommissioun. Firwat? Net well eppes um Reglement falsch wier oder datt mer de Verkeier schlecht geregelt hätten, mee well se soen dass e Reglement vum Conseil fir d'éischt vum Transportminister an da vum Inneminister muss guttgeheescht ginn, duerno vun der Gemeng publizéiert ginn, éier et kann en vigueur gesat ginn.

An eréischt duerno, wann et dann en vigueur wier, kéint de Chantier da lass goen. Bon, an eisem Fall ass dat onméiglech. Dunn hu mir da probéiert erausze-

fannen, wéi laang am Viraus se dat da missten hunn. Mir hunn awer am Gesetzestext keen Delai fonnt, also sinn et just praktesch Erfahrungen, op déi de Ministère sech baséiert. Nodeems mir mat der staatlecher Verkeierskommissioun telefonéiert hunn, krute mir mëndlech gesot, dass si mindestens 1 Mount bräichte fir et duerch all hir Instanzen ze kréien an eis dann eben e positiven oder en negativen Avis zu esou engem Reglement zeréckzeginn, dat géing dann awer fir eis heeschen, dass mir misste mindestens 2 Méint am viraus all Detailer vum Chantier kennen, a virun allem och wéini genau de Chantier ugeet. Mir hunn eis dunn och an anere Gemenge schlau gemaach an deene geet et net anescht, déi kruten déi lescht Zäit och ëmmer en negativen Avis.

Mir probéieren an Zukunft hinne Satisfaktioun ze ginn, wat déi Delaien ubelaangt, ech sinn allerdéngs genau wéi Dir net ganz optimistes, dass dat ëmmer wäert esou klappen. E Chantier ass e Chantier, jiddereen, dee schonns eemol doheem ëmgebaut huet, dee weess dat, do ginn et ganz vill Inconnuen, da kommen och an der Diskussioun mam Bierger a mat der Biergerin, déi do wunnen, nach ganz oft Changementer, fir deene Satisfaktioun ze ginn, oder et kënnt einfach emol eng besser Iddi wéi déi, déi mir hate fir de Chantier oder einfach d'Wieder spillt net mat. Dofir hu mir dann elo als Schäfferot e Règlement d'urgence geholl. Dës Urgence ass eng reng Konsequenz vun der Ofleennung vun der initialer Reglementatioun. Et ännert also näischt um Chantier oder un der Verkeiersféierung. Wéi gesot, d'staatlech Instanzen hunn deen ofgelehnt a mir mussen dann eben hei am Gemengerot dëse Règlement d'urgence temporaire guttheesche fir dass mir no hirem negativen Avis elo mol an der Rei sinn an dass dann och de Chantier kann normal virulafen. Wat soll ech lech soen, d'Simplification administrative lässt grüßen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEISTER): Merci Claudia Dall'Agnol, d'Diskussioun ass op. Et gétt keng Stellungnahm? Kënne mir dat dote Reglement ofstëmmen? Ass de Gemengerot domat averstanen? **Dat ass unanime. Villmools Merci.**



2.2. Approbatioun vum definitive Verkéiersreglement – Foussgängerpassage an der Parkstrooss

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): De Punkt 2.2, dat ass e bësse méi eng normal an einfach Saach, do hunn d'Awunner eis drop opmierksam gemaach, dass et sënnavoll wier, en Zebrastreifen an der Rue du Parc ze maachen. Eis Servicer sinn dat kucke gaangen, et huet do näischt dogéint geschwat an dofir géife mir lech proposéieren, dat och ze reglementéieren. Dat ass en Zebrastreifen op der Héicht vum Haus Nr. 176.

CLAUDE MARTINI (CSV): Ass dat eng Gemengestrooss?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Do sinn ech net méi sécher, mee mir waren op der Plaz an hate mat der staatlecher Verkéierskommissioun Réckspriech geholl an do schwätzt näischt dogéint, dass mir e kënnen do reglementéieren. Nach eng Kéier awer, si hunn ëmmer dat läscht Wuert. Dat heescht, wa mir dat elo aschécken an do sëtzt en aneren an si analyséieren dat an do mengt een, dat wier elo awer net esou gutt, da kënne mir en negativen Avis kréien. Mee den éischten telefoneschen Avis war positiv, sou dass ech unhuelen, dass dat da misst klappen an dass, wa mir dat hei positiv aviséieren, si dat dann och guttheeschen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Et ass eng Gemengestrooss.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Mir froen dat all kéiers am Virfeld un, fir dass mir keng béis Iwwerraschung kréie well mir alles nach eng Kéier mussen aschécken.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Gutt, kënne mir doriwwer ofstëmmen? Wien ass domat averstanen? **Dat ass unanime, da soen ech och do dem Gemengerot Merci.** Da gi mir iwwer op d'Gemegefinanzen.

3. GEMEGEFINANZEN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Do hu mir de Projet vun der Extensioun vun der Schoul Gaffelt, do hu mir en Devis remanié an e Crédit extraordinaire supplémentaire um Ordre du jour. Vu dass awer och den Här Dematus, den Architekt vum Bureau Beng soll heihinner kommen, géif ech proposéieren, dass mir déi aner Punkte virhuele fir dass en eis och kann déi Erklärunge ginn, firwat et zum Depassement komm ass, well de Projet u sech eng Rei Komplikatiounen hat an der Ausféierung. Dofir géif ech soen, dass mir iwwerginn ob den Devis, dee mir virleien hu vum Jugendhaus.

3.3. Approbatioun vum Devis iwwer de Reamenagement vun de Baussenanlage vum Jugendhaus

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dat ass natierlech en Devis, dee fousst natierlech och um Budget vum Joer 2018 an et ass awer och parallel ze kucken. E bësse méi spéit am Gemengerot hu mir jo de Projet d'exécution vum PAP Dominique Lang an et ass an deem Kader wou och dësse Projet sech areit, quitte dass deen heiten Deel reng d'Gemeng concernéiert an et ass am Kader vun deem Projet d'exécution, wou mir d'Geleeënheet notzen, déi viischt Entrée vum Jugendhaus méi grouss ze maachen. Dat ass d'Attributioun vun de Konsorte Cube s.à r. l.

Dat heite betrëfft de Bannenhaff vum Jugendhaus, wou mir amenagéieren, wou frësch gemaach gëtt, wou eng Verbesserung duerstellt vun der aktueller Situatioun, wou och an Zesummenaarbecht mam Jugendhaus den Haff frësch gestalt gëtt, nei Bänke kommen, och do méi Convivialitéit an dee Bannenhaff kënnt a wou och en Duerchgang gemaach gëtt, tëscht der Haaptentrée op der Säit, respektiv Richtung Bannenhaff, do ass de Moment eng kloer Trennung, sou dass och do de Flux ka stattfannen. Dat ass en Devis vu 50 000 Euro an ech mengen dat ass e Projet, deen och an Zesummenaarbecht mam Jugendhaus gemaach gouf. Dat zu den Erklärungen.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech wollt just froe mat deem Punkt 4 wou Dir elo ugeschwat hutt: Do steet jo an deem Punkt 4, do sinn 120000 Euro virgesi fir dat Ganzt an do falen 89 200 Euro op de Promoteur a ronn 30 800 Euro op



eis. Ass dat eppes anescht wéi dat heiten? Firwat maache mir elo hei en Devis vu 50 000 Euro wa mir an deem anere Punkt e Montant stoen hu vun 30 898 Euro? Oder kommen déi zwee beieneen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Et sinn zwou verschidde Saachen. Mir gräifen dann e bëssen der Diskussioun vir ouni elo iwwert de Projet d'exécution ze schwätzen. Den een Drëttel fält ob d'Gemeng zeréck, dat si reng nëmmen d'Exekutiouns-aarbechten, do komme jo awer nach déi ganz Honoraren dobäi vum Architektbüro, da komme mir op déi 50 000 Euro, an déi aner zwee Drëttel, déi ronn iwwer 90 000 Euro, dat ass den Deel wou d'Sociétéit muss en charge huelen, wou se och d'Amenagementer mécht virum Jugendhaus an herno eis jo dann cedéiert. Dat ass am Fong déi parallel Lecture, déi ee maache muss.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Merci Här Buergermeeschter, ech hat déi selwecht Fro wéi den Här Gangler, well dat net ganz kloer war. Ech wollt awer ganz kuerz drop agoen, dass mir dee Projet do immens begrëissen, well d'Jugendhaus steet op enger gënschterger Platz, no beim Zentrum an och no beim Lycée Nic Biver, mee ee vu senger Nodeeler ass, dass et eben e ganz minimale Bausseberäich huet. Dofir fanne mir et gutt, dass d'Gemeng deen Terrain vun 0,7 Ar am Kader vum PAP an der Rue Dominique Lang kritt, wat zwar net schrecklech vill bréngt, mee trotzdem eng Verbesserung ass. A mir begrëissen och deen dote Projet, dee fir den Terrain virgesäit eng Bepflanzung, Bänken, Gréngs an och Siichtschutz.

Mir stëmmen dësem Projet zou well en de Jugendlechen e bësse méi e flotte Baussefräiraum verschaaft an hinne méi Méiglechkeete gëtt an och villäicht einfach nëmme fir dobaussen zesammenzesetzen, dat kann och ganz wichteg sinn. Ausserdem ass en och sécher-gestallt, dass op déi Platz e bësse Grénges bäikënnt dat an de Gesamtkonzept vun eisem Zentrum passt.

JOSIANE DI BARTOLOMEO – RIES (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, villäicht als Erklärung, si inspiréieren sech un deenen Héichbeeter, si wëllen dat selwecht och beim Jugendhaus maachen a bauen dës mat Paletten. Wat virun allem wichteg ass beim Jugendhaus, dee Hannerhaff, deen do ass, dat ass e richteg Schloff, do kënnt keng Sonn hin an et ass am Fong och geduecht fir dee propper ze amenagéiere fir dass déi Jonk och mol do kënnen eng Aktivitéit maachen, a wéi

gesot, dee Projet ass zesumme mam Jugendhaus ausgeschafft ginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, nach weider Stellungnahmen? Dat ass net de Fall. Da kënne mir iwwer den Devis ofstëmmen. Wien ass domat averstanen. **Dat ass unanime.**

3.4. Approbatioun vum Devis fir d'Erneuerung vum Daach vum Pompjeeschapp

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mir vum Jugendhaus zeréck ob d'Gemeengeplatz, an do ass dee fréiere Pompjeeschapp, dee wéi d'Gemeng selwer als Bau um Inventaire supplémentaire steet, an do hu mer dëst Joer budgetiséiert, dass den Daach muss frëschgemaach ginn an dofir hu mir hei en Devis virleie vun 185 000 Euro, wat déi Aarbechte kaschten, a mir sinn och am Kontakt fir dass dee Projet um Inventaire supplémentaire ass mat Sites et Monuments, fir och dann e Subsid ze kréien, respektiv och vum Ministère de l'Environnement. Dat ass also dat wat dee Projet kascht, den Dach gëtt nei gemaach ginn, et ginn nei Veluxen dragesat, en Echaffaudage muss opgeriicht ginn, deen alen Daach gëtt demontéiert an evakuéiert an deen neien Daach muss dropkommen. Et ass dat wat dësen Devis beinhalt.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, mir haten am Abrëll 2016 scho rieds gehat wéi mer de Kiosk nei gemaach hunn, dass d'Stadhaus an d'Pompjesgebai an de Kiosk e Ganze ass an dunn hate mir schonn nogefrot ob do schonn e Konzept ass, wat mir mam Pompjeschhaus genau maachen an ob do och eng Fassaderenovation oder soss eppes Neies geplangt ass an do huet et geheescht, et wieren lwwerleeungen do mee näischt Konkretes an do wollt ech mol nofroen wéi dann déi lwwerleeungen ausgesinn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dee Projet, deen ass nach net vum Dësch, wa mir weider wuessen, dann heescht dat och, dass Besoinen u Bureauen eng weider Necessitéit sinn. Dir wësst, dass mir ee Projet nom aneren ëmsetzen, mir hu jo elo d'Annex hei am Policegebai wou amgaangen ass fäerdeggestallt ze ginn - et gëtt virun der Summer-vakanz fäerdeg - an dass dat doten en anere Projet ass, dee mir sécherlech nach net budgetiséiert hunn,



mee deen ee kann an Ugrëff huelen, a wou och e ganze Corollaire hannendrun ass, an och gouf gesot wéi mir mat Sites et Monuments zesummesouzen, natierlech, um Bau selwer d'Fassad muss erhale bleiwen an bannen dra wann een dat notzt, do kann ee méi eraushuele wéi dat am Moment de Fall ass. Mir wëssen awer, dass de Moment och Bureaue vun der Equipe, déi am Kader vum RMG fir eis schafft, och benotzt ginn, dat heescht, dat beinhalt gréisser Interventiounen.

D'Pläng hu mer, lwwerleeunge sinn um Dësch, wéi een dat notze kann, mee d'Executioun ass e bësse méi schwierig well dat heescht, dass och verschidde Servicer mussen delokaliséiert ginn, mee éischt Discussiounen goufen et scho mat Sites et Monuments, well mir jo hire Feu vert brauche fir dat doten och ëmzesetzen. Mee Bureaue si jo de Moment do a fir déi Leit, déi se de Moment notzen, musse mir och Konditiounen schaffen, déi an der Rei sinn an dofir musse mir hei mam Daach ufänken. An och herno, wa mir de Projet an enger 2. Phase ëmsetzen, hu mir hei awer schonns en Deel ëmgesat well dat ass e Bestanddeel well mir kommen net an eng Situatioun, wou de Bau géif gehéicht ginn, vu dass en an engem Inventaire supplémentaire ass. Hei huele mir eng 1. Etappe vun deem Nächsten.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Ech wollt just froen: Do steet am Devis, dass Veluxen an den Daach kommen. Ech huelen awer mol un, dass dat kee Problem duerstellt bei engem denkmalgeschützten Haus, wann een do Veluxen abaut?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Den Daach gëtt jo komplett frësch gemaach. Do ginn da Veluxen dran agebaut. Den Daach gëtt jo ganz frësch gemaach, dat ass kee Problem, mir gi jo net un d'Struktur. Dat ass mat hinnen ofgeschwat. Nach weider Stellungnahmen? Dat ass net de Fall, da kënne mir ofstëmmen. Wien ass domat averstanen, dass mer den Dach frësch maachen? **Dat ass unanime.**

Merci. Da géif ech virschloen, dass mir op de Punkt 3.1. an 3.2. zerécksprangen.

3.1. Approbatioun vum ofgeännerten Devis fir d'Extensioun vun der Schoul Gaffelt fir den Amenagement vu 4 zousätzleche Schoukllassen

3.2. Approbatioun vun engem zousätzlechen ausseruerdentlechen Devis fir d'Extensioun vun der Schoul Gaffelt fir den Amenagement vu 4 zousätzleche Schoukllassen

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ech begrëssen hei an eiser Mëtt de Pedro De Matos vum Architektbüro BENG Architectes Associés. Wat de Gemengerot hei virleien huet ass enger-säits en Devis remanié vun 2270 000 Euro wat d'Extensioun vun der Schoul Gaffelt ugeet, do hu mir 4 Kllassesäll amenagéiert.

Et ass jo esou, dass mir 2014 en Devis estimatif vun 1,2 Milliounen Euro haten an do waren 2 Kllassesäll virgesinn. Dunn hate mir 2015 en Devis remanié vun 1,8 Milliounen Euro, dat ass och op dee wou sech dat Ganzt fousst, do hu mir 4 Kllassesäll draus gemaach. A mir hunn hei en Devis remanié 2018 virleie vun 2 270 000 Euro, dat heescht, parallel froe mir och de Gemengerot d'Autorisatioun fir en zousätzleche Kredit vu 450 000 Euro ze kréien.

Dat Ganzt huet mat den Aarbechten ze dinn, wat d'Extensioun ugeet, déi awer méi problematesch waren och duerch deen ale Bau vun der Gaffelt, vun der Struktur respektiv awer och déi Problematik ronderëm de Site selwer, dass am Kader och vum Schoulbetrib geschafft gouf a fir och déi néideg Erklärungen ze ginn. Wat eis och wichteg ass, ass dass den Architektbüro Beng, vertrueden duerch den Här De Matos, hei ass fir och déi néideg Punkten an Aussicht ze stellen, déi dozou gefouert hunn, dass mir hei mussen en lwwerschoss stëmme vun 450 000 Euro. Dofir ginn ech dem Här De Matos direkt d'Wuert. Merci.

PEDRO DE MATOS (ARCHITEKTÜRO BENG ARCHITECTES ASSOCIÉS): Merci, ganz kuerz wéi schonns erwänt ginn ass, e Projet, dee wierklech net einfach war duerch eenzel Grënn, déi ech wollt per Fotoen dokumentéieren a weisen. Ganz graff, hei hunn ech e Beispill vun engem hënneschten Deel vun der Schoul, dee wahrscheinlech vill Leit net kennen, mee dat war en zweete Fluchtwee, dee mir hu misse kreéiere fir kënnen d'Sécuritéit vun de Kanner ze assuréiere während deem ganze Bau. Doropshin op de Fluchtwee vum alen Trapenhaus hu mir misste verschidde Reim zousätzlech kompartimentéiere well mir duerch technesch Reim misste Kanner evakuéieren an do gouf gefrot vun der Sécherheet, dass mir déi Raim-



lechkeete missten zoumaachen, kompartimentéieren a feierfest Dieren abauen.

Während dem Chantier, beim Terrassement, gouf fest gestallt wéi een op der Foto ënne riets gesäit, datt e Rouer futti war, do hu mir profitéiert fir dat ze reparéieren. Ënnen hu mir de Beräich, wou de Sportssall ass, do hu mir och profitéiert, well dee guer net dicht war, fir deen ofzedichten. Déi Aarbechte sinn och bäikomm. Mir hunn e Kanal entdeckt während de Fondatiounen, deen duerch d'Gebai gaangen ass, deen hu mir misse komplett deviéieren.

Déi Stützwand, déi niewent dem Bagger do steet, wollte mir ursprénglech behalen, mee leider Gottes waren d'Terrassementsaarbechte méi déif geplangt. Duerch d'Sondagen, déi herno gemaach gi sinn, huet dat herno missten ofgerappt an ersat ginn. Op där Plaz hate mir fréier eng Spillplaz, déi war net direkt virgesi fir ofzerappen, mee am Kader vum neie Projet vum neie Schoulhaff hu mir vun der Geleeënheet profitéiert fir déi ewechzehuelen a fir méi Fläch ze hu fir kënne während dem Chantier ze schaffen. Hannen um Wupp ass eng zousätzlech feierfest Dier bäikomm, déi och vun der Sécherheet gefrot ginn ass.

Sämtlech Kompartimentagé si bäikomm am alen Deel vum Gebai, an dat op deenen eenzelen Niveauen. De grouse Problem war eigentlech awer den Demontage vun där aler Fassad, de Pignon mat deenen Elementer. Duerch Sondagen, déi mir eréischt nodréiglech während dem Chantier konnte maachen, hu mir festgestallt, dass déi Fixatiounen zimlech komplizéiert waren. Mir waren der Meenung, dass mir eigentlech déi Jointe konnten ofschneiden a mat engem Kran konnten ophiewen a schlussendlech hu mer misse all eenzelt Element carottéieren an all Block eenzel eraushuelen, sou dass de Pignon konnt fräigestallt ginn.

Während den Aarbechte gouf decidéiert fir déi Itongsdall, déi ënnert deen neie Plancher sollt kommen, ewechzehuelen. Dat waren eigentlech och Saachen, déi net virgesi waren. Sou gesäit et ënnendrenner aus. Dat konnte mer just an enger Schoulvakanz maachen. Dat ass ënnert dem Preau, wou d'Kanner eriwergaange sinn an den Turnsall. Wat och bäikomm ass a wat net an deeër Gréisst virgesi war, ass de Local Poubelles an e Local Rangement, dee bäikomm ass, deen ursprénglech net virgesi war, deen hu mir am Fouss vum Gebai mam Trapenhaus integréiert.

Duerch d'Demolitioun vun de Betonselementer hu verschidden Entréesdiere misse verstärkt ginn an zum Schluss gesi mir och nach déi Stützwand, déi de Schoulhaff do spléckt, déi huet och misse erhéicht ginn. Aus Sécherheetsgrënn war déi Wand och schonns do an huet misse ersat ginn, do war ëmmer d'Gefor dass d'Kanner wollten dropklammen an eriwwer sprangen an dat erkläert e bëssen déi lwwerraschungen, déi mir hate während dem Projet an dat erkläert eigentlech och deen Ënnerscheed.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Pedro De Matos fir déi Erklärungen, et war eis wichteg, dass Dir déi Erklärungen matgedeelt kritt, well dat e bësse méi wäit geet wéi einfach nëmmen Zuelen, déi hei stinn am Kader vun der Exekutioun. Et mierkt een ëmmer erëm, dass e Projet dee keen Neibau ass, mee wou een sech undockt un e bestoend aalt Gebai, et ëmmer lwwerraschungen ginn, déi een da muss kucke fir esou pragmatesch wéi méiglech ze léisen. Voilà, d'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Merci Här Buergermeeschter, mir haten am Oktober 2014 decidéiert, zwee Säll ze maachen. Ech wollt nach just eng Remarque maachen: Hei ob deem Pabeier steet bei der Deliberatioun vum 20. Oktober, do hätte mir och schonns 4 Säll gestëmmt, mee dat waren der nëmmen 2. An dunn hu mir am November 2015 gesot, da maache mir ebe 4 Säll an dunn hu mir scho misse 555 000 Euro nostëmmen an dunn huet et geheescht, Jo, Dir kritt jo och 2 Säll bäi. Mee bon, dat waren awer 30% vun de Fraisen, well am Ufank ware jo nëmmen 1,2 Milliounen Euro virgesinn an elo 1,8 Milliounen Euro an dunn hu mir fonnt, dass dat relativ deier wier a wa mir dat doten elo héieren, elo ginn d'Fraisen nach eng Kéier 40% an d'Luucht, dat heescht, fir 2 Säll méi, déi mir kréien, hu mir am Ganze bal eng Millioun Euro ausginn.

Déi Erklärungen, déi Dir eis elo gitt, ech mengen et si Pieue gemaach ginn. 2015 hutt ir eis schonns erkläert, dass et misst vill méi deier sinn, an dass et besser wier, mir géifen op de Wee goe vun deem Ubau do an do huet et geheescht, mir hu Buerunge gemaach an dass et ebe ganz komplizéiert ass, dofir wonnert et mech elo, dass elo awer trotz deene Buerungen an trotz deenen deiere Preambulen, déi gemaach gi sinn, éier mir de Bau ugefangen hunn, nach konnten esou vill Surprises entdeckt ginn, an do ass d'Fro: Wéi ass et do mat de Kontrakter mam



Architektbüro, mam Ingenieurbüro wann do awer esou Imprévue sinn? Ech mengen, wann Dir sot, de Kanal muss ëmdirigéiert ginn, dat ass sécher méiglech, mee wann Dir elo sot, déi Itongsbléck, dat war net sécher an déi Fassad, Dir wosst jo, dass Dir déi misst erföhelen. Dat ass awer net ganz seriö, wann Dir do net virdrun eng kleng Buerung gemaach hätt, dann hätte mir dat kënne am Virfeld gesinn.

Dir wësst genau, mir stinn ëmmer fir all Invest an d'Schoulen deen och muss gedroe ginn, dat ass och richtig esou, a mir sinn och der Meenung, dass mir op Quartierssschoule musse goen, mee dat heissen ass awer eng Millioun Euro méi wéi mir initialement geduecht hunn, an insgesamt fir am Fong am Endeffekt 4 Klassensäll, e Raum fir Botzmaterial, e Poubellessall an en Openthaltsraum fir d'Botzfraen ze kreéieren, dat ass awer schonn eng heftig Geschicht an ech géif trotzdem och dem Schäfferot mat op de Wee ginn, och am Virfeld sech besser ofzesécheren, wann esou Saache geplangt ginn, och vläit mat eisem Architektbüro och méi an de Fong eranzegoe wann esou Devise kommen an och méi nozehaken ob do net nach sou Instanze kënne kommen.

Et ass wéi den Här Buergermeeschter seet, wa mir al Gebaier renovéieren. Mir haten déi selwecht Geschicht beim Haus wou elo d'Maison sociale dran ass, do hate mir jo och munch lwwerraschung kritt, mee hei huet een awer gemengt, dat gëtt jo awer "just an den Haff gebaut", et ass quasi en Neibau, deen an den Haff bäigesat ginn ass, an dass do elo esouvill Imprévue solle sinn, déi eis nach eemol 40% an d'Luucht setzen, do knäe mir awer e bëssen drun. Mir droen dee Projet mat, mee mat engem erhobenen Zeigefinger dass dat do net soll nach eemol virkomme wa méiglech, well déi Sue feelen eis herno am Budget fir aner Investissementer, et ass jo awer kee Peanuts. Mir si keng Fachleit, wann Dir eis sot, dass dat alles muss gemaach ginn, da schlécke mir dat, mee ech denken, dass een do och ka villäicht den Ingenieurbüro an den Architektbüro mat der Nues huelen a kucken ob mir do net awer nach vläit kënne besser ewechkommen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci der Madame Kayser. Ech kann lech berouegen, dass de Schäfferot och net amused war wéi e gesinn huet, dass en de Gemengerot dat muss nostëmme loosse well mir probéiert haten, an deem Budget ze bleiwen dee mir eis ginn haten, nach ass eben eng

gewëssen Necessitéit do. Ginn et nach weider Stellungnahmen?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Jo, ech wollt begréissen, dass déi Decisioun vun 2 Säll ob 4 Säll ze erhéijen, eng gutt Decisioun war. Et soll een ëmmer vun der Totalitéit profitéieren, vun deem wat sech offréiert. Ech war jo nach Zäitzeien, wéi dee Chantier do ugaangen ass. Et war keen einfache Chantier, wou ëmmer erëm Imprévue bäikomm sinn, déi natierlech an d'Geld geschloe sinn an ech mengen d'Resultat ass, dass elo d'Gaffelt terrainsméiglech total ausgenutzt ass, dat heescht, do si mir wierklech elo gutt opgestallt. Déi 2 zousätzlech Säll sinn net alleng fir d'Schoul mee och fir d'Maison relais, sou dass mir och do gutt gerüst si fir Zukunft.

Et ass Schued, dass déi doten Hausse bäikomm sinn, mee vun der initialer Iddi, déi mir hate fir op de Preau opzebauen, si mir e bësse wäit ewech komm well d'Statik dat net matgedroen huet a well et net méiglech war fir do op dee Preau vum ale Gebai opzebauen. Dat wier sécherlech méi einfach a méi schnell gewiescht an dann hätte mir net brauchen op den ageschloene Wee ze goen. Mee wéi gesot, d'Statik huet eis eppes Besseres beléiert. Et ass e prefabrizéiert Gebai, dat wësst Der. Dir wësst awer och, dass den Terrain vu fréier e Sumpfgebiet war, ganz am Ufank wéi d' Gaffelt gebaut ginn ass, sou dass de Fong net dee Stäerksten ass, an dofir déi doten Interventioun. Wéi gesot, Ende gutt alles gutt, et ass méi deier ginn, d'Madame Kayser huet vollkomme Recht, mee et muss een och de Méiwäert gesinn, dee mir elo op deem doten Terrain geschaf hunn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, nach weider Stellungnahmen? Wann net da wëll ech den Här De Matos och nach zum Ofschloss bieten.

PEDRO DE MATOS (ARCHITEKTEBÜRO BENG ARCHITECTES ASSOCIÉS): Ech wollt dozou soen, dass Sondagë gemaach goufen. Mir hu verschidden eenzel Problemer während dem Chantier festgestallt, dat ass effektiv eng Tatsaach, mee dee gréisste Problem, dee mir an deem Projet hei haten, a wat mir ëmmer méi gemierkt hunn, dat war eigentlech par rapport zum Devis an zu der Soumissioun, déi mir opgemaach hunn dat war hors TVA 1,3 Milliounen Euro an eisem Devis, herno an der Soumissioun ware mir op



1,7 Milliounen Euro komm, dat war fir eis effektiv eng grouss Iwwerraschung. Mir hu versicht, Ekonomien ze maachen, mir haten deemools och de Schäfferot gesi fir Ekonomien ze fannen, mir hunn dat och respektéiert an ech muss soen, trotz all den Imprevuen an Iwwerraschungen, déi mir während dem Chantier erëmfonnt hunn, si mir trotzdem op deem Präis wat an der Soumissioun war.

Et war effektiv e ganz komplizéierte Projet, e Chantier mat de Kanner, déi permanent um Site sinn, mat der Sécuritét ass dat effektiv net esou einfach. Mir hunn do Léisungen effektiv fonnt gehat, mee voilà. Ech wollt awer soen, wat wierklech zum Präis mat ageschloen huet, dat war wierklech déi deierste Soumissioun, déi mir eigentlech bei der Ouverture haten a mir hu versicht drënnerzebleiwen, mee trotz den Imprevue si mir plus ou moins op deemselwechte Präis bliwwen, deen an der Soumissioun war.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Dat doten hunn ech elo net verstanen, mir sinn dach net beim Präis bliwwen, mir bezuelen dach elo 450 000 Euro drop.

PEDRO DE MATOS (ARCHITEKTEBÜRO BENG ARCHITECTES ASSOCIÉS): Par rapport zum Devis.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Dee mir ni kritt hunn dann als Gemengerot oder wéi?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): De Gemengerot huet jo en Devis hei gestëmmt vun 1,8 Milliounen Euro.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, mee mir musse jo awer 450 000 Euro bäisetzen, da si mir net op deem Devis bliwwen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): D'Soumissioun war méi héich wéi den Devis, dee mir hei gestëmmt hunn. Dat ass dat wat den Här De Matos gesot huet. Et gëtt hei en Devis gestëmmt, da maache mir eng Soumissioun, da ginn et zwee Cas-de-figures, et gëtt dee Cas, dass effektiv Leit sech mellen, Soumissionnairen, dass déi ënnert dem Devis sinn dee mir hei stëmmen oder awer iwwert deem Devis sinn. Dat ass ëmmer méi eng Realitéit hei zu Lëtzebuerg an och an deem Fall.

Dat heescht, alleguerten déi Leit, déi hei hir Offer ofginn haten an dat waren der eng Rei, déi waren

alleguerten iwwert dem Devis. Esouguer nom ale Marché-publicsgesetz hätte mir am Fong deen éischte missen huelen – et geet jo ëm d'Offre économiquement la plus avantageuse – deen hu mir missen ewechhuele well deen eng Rei Kritären net erfëllt hat, do hu mir deen zweete geholl wat d'Exekutioun vun deemem Projet ugeet a mat deem hu mir nach eng ganz Rei Ronne gedréint fir eng ganz Rei Ekonomien ze maachen, fir awer dee Surplus, dee mir musse stëmmen esou kleng ze hale wéi méiglech, soss hätte mir nach méi hei missen nostëmmen. Mir sinn also hei op den essentielle Minimum vum Devis supplémentaire erofgaangen oder vum Crédit supplémentaire.

Nach wëll ech awer hei soen, dass mir dee Projet hei maximiséiert hunn, mir hätten eis schlecht kënnen virstellen, dass mir deen initiale Projet ëmgesat hätte mat 2 Klassenäil an da wiere mir mat deem Drock, dee mir awer an deem dote Quartier hunn, dass mir dann nach eng Kéier an de Gemengerot komm wiere fir dann nach eng Kéier 2 Klassenäil zousätzlech ze stëmmen, well dat wier nach méi deier gi wéi schlussendlech dat heiten ze realiséieren an enger Kéier mat 4 Klassenäil. Dat muss een hei soen a mir sinn natierlech, wat d'Kapazitéit vum Ausbau ugeet op deem dote Site, um Maximum ukomm.

Ech proposéieren, dass mir dann zu der Ofstëmmung kommen engersäits vun deemem Devis remanié. Wien ass domat averstanen? Dat ass unanime. Merci. Wien ass mam Crédit supplémentaire vu 450 000 Euro averstanen? **Dat ass unanime.**

Da soen ech dem Här De Matos an dem Jeff Peiffer Merci fir hir Präsenz hei an déi néideg Erklärungen.

3.5. Approbatioun vun engem Spezialkredit fir den Amenagement vum engem neie begehbare Buedem am Gymnase Ribeschpont

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géife mir weiderfueren an do gi mir an de Ribeschpont an de Gymnase. Do hu mir e Crédit spécial virleien, an zwar an der Héicht vun 38 000 Euro an dat ass fir den Turnveräin. Am Fong ass de Gymnase um Ribeschpont den Turnsall vum Turnveräin, wou se hir Trainer all Dag hunn, do sinn se an der Situatioun, dass hire Buedem, deen se notzen, iwwert 10 Joer huet. Dee gëtt natierlech 6 Deeg an der Woch genotzt



fir déi Traineren, deen ass also komplett ofgenotzt, sou dass doduerch fir Turnerinnen, déi do am Alldag trainéieren, och Problemer bestinn, wann se do hir Trainingsunitéite maachen an do hunn se eis gefrot ob mir géifen op de Wee géife goe fir en neie Belag ze maachen, an do hunn se eis eng Referenz ginn, et ass och mat eisem Service des Sports ofgeschwat.

Fir dee Veräin, dee ganz vill Jugendarbecht mécht a ganz vill trainéiert, géife mir hei proposéieren, fir e Montant vun 38 000 Euro de Schwingboden 'Moskau', wéi en sech hei nennt an deen och eng Referenz ass, hei effektiv ze stëmme fir dass si besser Trainingskonditiounen hunn. Esou vill zu den Erklärungen dozou.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter, ech wollt kuerz derbäifügen, dat muss een sech esou virstellen, dat si verschidden Elementer, dofir gëtt am Text vum Praktikabel geschwat an iergendwann sinn se esou uséiert vun de Spréng, déi do all Dag gemaach ginn, dass se net méi richteg gedämpft ginn, dat heescht den Amortissement fënt net méi statt an an dem Sënn ass et dann eng Belaaschtung fir d'Gesondheet vun de Sportlerinnen, haaptsächlech Turnerinnen déi mëttlerweil do vill Spréng maachen, den Turnsport huet sech do jo och entwéckelt, en ass méi dynamesch ginn, et fanne méi Spréng do statt an dofir ass et wichteg, dass d'Gelenker geschoont bleiwen, dat war elo hei net méi de Fall. Dat gesäit een net onbedéngt am Viraus, do ass dann op eemol een Deel vum Praktikabel, wou eng Fiederung noléisst, dofir konnte mir dat net am Virfeld feststellen. A wann een dann elo op de Wee geet fir en neie Schwingboden ze maachen, dann hält een dat wat am beschten um Maart ass, sou wéi et och an internationale Concoursen obligatoresch ass, fir dass eben déi kleng Spréngerinnen a Sprénger sech schoune fir hirem Sport kënnen nozegoen.

Et ass och hei wéi an deene meeschte Sportarten, et hält ëmmer méi zou, d'Traineren huelen ëmmer méi zou, d'Intensiteit hält zou, ëmsou méi wichteg ass et, dass mir als Gemeng eis Verantwortung zesumme mam Veräin iwwerhuele fir anstänneg Infrastrukturen do ze stellen. Wéi de Buergermeeschter et gesot huet, mir haten do e puer Modeller duerchgekuckt duerchgefouert an och de Service des Sports war der Meenung, dass do dee beschte Buedem fir eis Turnerinnen hi muss.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Loris Spina, si Froen dozou?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech denken, wann den Turnveräin hei vun der Gemeng en Invest vun 38 000 Euro wëll, wann ech vergläiche wat aner Veräiner heiansdo kréien, dann ass dat eppes wat hei ënnerstëtzenswäert ass, an et geet virun allem och fir d'Gelenker vun deene Jonken ze schounen, woubäi een sech och muss froen ob sechs oder siwemol an der Woch Training iwwerhaapt gesond ass fir esou kleng Kanner. Mee dat ass en anert Thema. Ech wollt awer just froen: D'Schoul besteet elo säit 20 Joer an am Bréif vum Veräin steet, dass de Buedem elo 10 Joer al ass, dat heescht, deen ass do virdrun eng Kéier frëschgemaach ginn, huelen ech un? An do wollt ech froen, hei am Bréif steet dann och "Il peut être livré pendant les vacances de Pâques".

Ass en dann elo schonns installéiert oder net? Oder war dat e Wonschdenke vum Turnveräin? A meng aner Fro ass. Kréie mir do och e Subsid vum Ministère des Sports?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Subsid jo, klassesch, 35% fir dat Material. Effektiv jo, si hate schonn eng Kéier esou e Praktikabelen, mee dat notzt sech of, well dat d'Core Material ass wou se brauchen, sou wéi en Handballsveräin, e Fussballsveräin, e Basketsveräin Bäll brauch, sou brauche si de Praktikabele fir hire Sport auszeüben, an en ass nach net do. Dee Moment, wou mir si gesinn hunn, war dat e Wonsch, deen si geäussert haten, mee en ass nach net do, dat heescht iwwer deen heite Wee kann een dat elo ofwéckelen.

Ass de Gemengerot mat deem Kredit averstane fir den Turnveräin? ***Dat ass unanime, da soe mir dem Gemengerot Merci.***

3.6. Approbatioun vun der Zesummenaarbechtskonventioun fir de Projet vun den encadréierte Logementer mat dem Office social vun Diddeleng an der Fondatioun Pro Familia

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da fuere mir weider an zwar hu mir hei eng Conventioun, wou mir eng Zesummenaarbecht zwëschent der Fondatioun Profamilia an dem Diddelenger Office



social an och der Gemeng Diddeleng hunn. Do geet et dorëms, dass mir an der Maison sociale am Fong ab dem 1. Mee 4 individuell Zëmmere mat Kitchenette an och mat Buedzëmmer der Fondatioun Profamila zur Verfügung stellen. Dat ass e Projet, dee mir mat der Fondatioun Profamila am Kader vun der enger oder anerer Reunioun, déi mir mat hinnen haten, op d'Bee gesat hunn. Dat schreift sech an an déi Collaboratioun, déi mir als Stad Diddeleng hu mat enger Rei sozialen Institutiounen, déi hei um Territoire sinn, wou mir och wëllen d'Zesummenaarbecht verstärken.

Et sinn effektiv 4 Zëmmeren, wou all kéiers 300 Euro de Mount gefrot gëtt, respektiv een Zëmmer 350 Euro de Mount also ganz korrekt Präisser, wou awer och an deem Kontext de Suivi steet vun der Fondatioun Profamila respektiv awer och an Zesummenaarbecht mam Office social. Natierlech d'Population cible sinn déi Dammen aus der Fondatioun Profamilia, déi och vun hinne betreit ginn, awer och wéi bei all Conventioun, déi mir hei virleien hunn, gëtt eng Prioritéit deenen erwuessene Persounen zougestallt, déi hei an der Stad wunnen oder vun Diddeleng kommen, an de Prinzip ass hei dee selwechten, et muss eng Motivatioun do sinn, dass ee probéiert seng Situatioun ze änneren souwäit dat och méiglech ass, well déi Situatiounen och ëmmer individuell sinn a variéieren vun enger Sozialinstitutioun op déi aner mee hei op alle Fall erëm eng staark Kollaboratioun steet tëschent 3 Acteuren an iwwert deen heite Wee mir eis och erëm e Kader ginn, wou déi verschidde Situatiounen a regelméissegen Ofstänn analyséiert ginn. Also eng weider sozial Zesummenaarbecht, déi mir hei um Territoire vun der Diddelenger Gemeng an d'Vitrine setzen. Wat och en zousätzlechen Atout ass an dëser Stad wann do verschidden Acteure vun der Gemeng d'Käpp zesummestrecken an och zesumme schaffen. Dëst zu dëser Conventioun.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech wollt virausschécken, dass ech beim Vote de Raum verlosse well ech Presidentin si vun der Fondatioun Profamilia.

Ech wollt awer och nach eng Kéier Merci soen, och am Numm vun de Fraen aus dem Fraefoyer Profamilia, wou 10 Frae mat hire Kanner Plaz fannen an déi sinn op engem grousser Stack an enger ganz grousser Wunnengemeinschaft, an déi heiten Opportunitéit, déi wier immens flott fir eis, well mir do kënnen déi Zëmmeren eenzel beleegen. Dat heescht,

do kënnen och eenzel Fraen dohinner goen oder Frae mat Kanner, mir kënnen 1,2 oder 3 Damme mat oder ouni Kanner do ënnerbréngen, et ass eng Aart Wunnengemeinschaft déi sécher och den Iwwergang vun engem Fraefoyer herno an eng normal Wunneng erliichtert an den absolute Virdeel ass, d'Fondatioun Profamilia ass déi aner Säit, de Suivi vun deene Fraen ass assuréiert ouni gréisser Problemer.

An zweetens, wat och wichteg ass, ass, dass déi Fraen oder vill méi déi Kanner och kënnen an der Schoul bleiwen, wou se ware wärend där éischter Kris, wou se am Fraefoyer waren. Wann se op de Strutzbierg gaange sinn, da kënnen se dann och vun dëser Wunneng aus direkt dohinner goen. Wéi gesot, am Numm vun der Fondatioun Profamilia nach eemol villmools Merci an och am Numm vun der CSV fanne mir dat eng flott Saach, dass d'Gemeng Conventiounen mécht mat Servicer, déi schonns etabléiert sinn, mir hu mat der Jugend- an Drogenhëllef eng Wunneng zesumme wou mir geréieren an dann och mat Perspektiv vun der Croix rouge, a mir begreifen dat heiten explizit.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Merci, natierlech si mir d'accord mat där Conventioun an deem Projet, deen dohannert steet. Dass oft Frae mat hire Kanner an existenziell Noutsituatiounen geroden, ass evident. Dës Wunnengen a virun allem och d'Ënnerstëtzung, déi se matgeléiwert kréie fir eegestänneg fir sech ze suergen, sinn 100% ze ënnerstëtzen. Ech denken, dass ech richtig verstane hunn, dass d'Gemeng just am Ufank implizéiert ass, duerno iwwerhëlt Profamilia an den Office social esouzesoen d'Alldagsgeschäft, an deem Sënn gëtt dat eng ganz glécklech Zesummenaarbecht tëschent dem Office social an der Fondatioun. Dem Office social si vill Fäll vu Fraen an Nout bekannt a Profamilia huet laang Erfahrung vum Suivi vu Fraen an Nout. Déi Conventioun ass fir eis ganz kloer a mir hu keng zousätzlech Froen dozou. Natierlech ënnerstëtze mir als Gréng dës Conventioun. Merci.

MARTINE BODRY KOHN (LSAP): Ech wëll hei och vu menger Säit a menger Funktioun als Member vum Verwaltungsrot vum Office social ënnersträichen, datt et dem Office social ëmmer en Uleies ass, Synergien ze fannen zwëscht deene verschiddenen Acteuren, déi aktiv sinn am psychosoziale Beräich fir esou nach besser an nach méi efficace op d'Bedierfnesser vun den Diddelenger Leit anzugehen. Et kann een sech



heiansdo net eraussichen, wéi d'Liewe spillt a wann een op eemol an enger sozial prekärer Situatioun sech erëmfënnt, aus där een net méi alleng erauskënnt. Da brauch een Hëllef an déi Hëllef ze koordinéieren ass d'Aufgab vum Office social, a wéi gesot, läit et eis um Häerz, déi Offer dauernd ze verbesseren, ze diversifiéieren an ze komplettéieren.

Mat dëser Konventioun ass e weidere Bausteen elo gesat gi fir méi geziilt a professionell op d'Besoin vum enger gewëssener Grupp vu Leit anzegoen, an dësem Fall fir Frae mat Kanner déi an Nout sinn. Fir dat ze maachen, ass och hei erëm e kompetente Partner gesicht ginn an dat ass an dësem Fall d'Fondatioun Profamilia. Ab dem 1. Mee stinn der Fondatioun véier kleng Wunnengen zur Verfügung um leschte Stack vum der Maison sociale a wéi eis schonns gesot ginn ass, ass dat ideal fir de Suivi ze maache vum de Leit, déi do betraff sinn.

Dëst wäert deene jonke Fraen an hire Kanner also erlaben, lues a lues hiert Liewen erëm an d'Hand ze huelen a selbststänneg ze ginn. Dobäi ginn se kompetent encadréiert vum Service Suivi vum der Fondatioun Profamilia. E gemeinsame Comité tëscht Profamilia an dem Office social wäert sech regelméissig treffen, all Semester, fir eng Evaluatioun ze maache vum Projet, also et ass e flotten a virun allem e wäertvolle Projet, op dee mir zu Recht hei zu Diddeleng kënnen houfreg sinn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci och fir déi doten Zoustëmmung, ech mengen da géif ech froen ob nach weider Stellungnahme sinn. Dat ass net de Fall, da kann de Gemengerot doriwwer ofstëmmen a senger ganzer Kompositioun well keen Intérêt direct besteet.

Madame Kayser, Dir hutt jo keen direkte Benefice iwwer déi Konventioun, dofir kënnt Dir rouege Gewëssens mat ofstëmmen. Voilà, wien ass domat averstanen? **Dat ass unanime. Merci.**

3.7. Approbatioun vum der Konventioun iwwer de Parking „rue Zinnen“ mat den Oeuvres paroissiales Saint Martin

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da géife mir weiderfuere mat där nächster Konventioun, mir bleiwen an der Géigend, mir ginn an de Park-

ing an d'Zinnenstrooss. Dir wësst, dass mir am Kader vum den Aarbechten, déi do stattfonnt hunn, mir hei den 23. November 2006 d'Konventioun opgeléist haten tëscht der Oeuvres paroissiales St. Martin an der Gemeng Diddeleng. D'Oeuvres paroissiales si jo Propriétaire vum dem Parking an d'Gemeng huet iwwert déi Konventioun d'Gestioun iwwert dee Parking geholl an do gouf eng nei Konventioun op d'Bee gesat, wou si natierlech weider Propriétaire bleiwen, wou si eis awer fir eng Period vum 20 Joer, also bis den 1. Januar 2030 gratis de Parking zur Verfügung stellen, dass mir do natierlech eng Servitude als Stad Diddeleng kréie wat den Accès op deen dote Parking ugeet.

Natierlech an deem dote Kontext iwwerhëlt d'Stad Diddeleng alleguerten déi exklusiv Chargen, wat den Entretien vum Parking ugeet, respektiv awer och wat déi ganz Reseauen ugeet, respektiv d'Installatioun vum de Luuchten. Dat ass dat wat mir maachen an et ass hei an der Konventioun verankert, dass 18 Parkplazen zur Verfügung stinn an dass bis e Minimum vum 3,5 Tonnen sech do kënnen parken a wéi dat an enger Konventioun och de Fall ass, dass mir hei e Preavis drasetze vu 6 Méint falls se sollt gekënnegt ginn. Natierlech, fir dass dës Konventioun kann a Kraaft trieden, brauche mir hei den Aval vum Gemengerot. Dat ass de Contenu vum dëser Konventioun. Elo stëmme mir of, wien ass domat averstanen?

Dat ass unanime. Da soen ech lech Merci.

3.8. Approbatioun vum engem Contrat de prêt iwwer d'Benotzung vum engem Terrain op deem fréiere Site vum Walzwierk vum Diddeleng, mat dem Fonds du Logement

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme mir zu engem nächste Punkt, e Contrat de Prêt tëscht dem Fonds du Logement an och der Stad Diddeleng an hei geet et ëm zwee Terrainen, am Fong zwou Parzellen, dat heescht eng Parzell vum 1000m² an eng Parzell vu 700m² um Site Neischmelz. Dës Konventioun reit sech an an déi Bestriewunge vum den Tëschennotzungen, déi mir wëlle maachen a wou mir eis jo och dëst Joer e gudden Budget ginn hu vum 160 000 Euro fir déi verschidden Tëschennotzunge weiderzedreiwen.

Déi Terrainen, déi eis hei de Fonds du Logement zur Verfügung stellt, déi befanne sech am Fong ob deem



Volet wou accessibel ass um Site Neischmelz, direkt niewent dem Skatepark an niewent der Passerell, déi jo de Quartier Schmelz mam Site Neischmelz, respektiv Quartier Italie verbënnt an déi 1000m² déi zur Verfügung gestallt ginn, sinn engersäits fir den Urban gardening Projet, dee sech an de leschte Woche ganz staark weiterentwéckelt huet a wou och de leschte Weekend schonns déi éischt Backen installéiert goufen, an och deen Urban gardening Projet entsteet aus der d'Mouvance vun der Biergerbedeelegung, déi mir hei an deene leschte Méint jo engagéiert hunn, dat heescht fir dee kënnen ëmzesetzen, brauche mir déi 1000m² an deen aneren Deel, déi 700 m², dat ass am Fong fir de Projet vum Street Ball, TeqBall a Calisthenics, dee mir niewent der Passerell wëlle maachen.

An Ärem Dossier hat Dir och d'Implantatioun vun deene zwou Parzellen, de Fonds du Logement stellt eis dat zur Verfügung, mir mussen dee ganzen Amenagement maachen, och déi néideg Assurancen do huelen, hei ass et de kllasseschen Aspekt tëschent Prêteur an Emprunteur, engersäits musse mir natierlech d'Amenagementer maachen, och fir d'Sécherheet vun den Amenagementer suergen. Natierlech ass dat heiten en Terrain, dee mir kréie fir 36 Méint, also gutt dräi Joer an dat vum 1. Abrëll 2018 un.

Hei ass natierlech och e Preavis dragesat vun engem Mount, mir hunn dräi Méint dragesat well mir am Kader vun den Aarbechte wëssen, dass dat déi nächst dräi Méint ka genotzt ginn, wa méi, da kann effektiv dat heiten och weider ausgewäit ginn, a wann net, da kann een déi heite Konventioun resiliéieren. Den Usage ass och kloer definéiert fir den Équipement sportif an de Jardin communautaire, mir passen drop op an et ass esou, wann den Terrain gebraucht gëtt, ass et eis Charge fir déi néideg Installatiounen ewechzehuelen, dat ass eng kloer Dispositioun, sou wéi een se hei och an där Konventioun erëmfënnt.

Dat zum Contenu, also et gelt hei ze formaliséieren, iwwert deen heite Wee, wat déi Bestriewunge sinn am Kader vum Forum Neischmelz an der Biergerbedeelegung fir déi flott Dynamik, déi do entsteet, fir déi kënnen weiderzefërderen an awer och fir weider Liewen um Site ze erhalen an ze fërderen, dofir ass et och wichtig, dës Konventioun hei ze hunn. Esou vill zu den Ausféierungen an de Loris Spina geet nach op e puer Punkten an.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter, effektiv wollt ech dee Punkt nach eng Kéier ervirhiewen, dass et sech hei e Projet, respektiv ëm Ideeën handelt, déi zesumme mat den Bierger a verschiddene Workshops entstanen sinn. Do war et der Gemeng an och de Bierger wichteg, dee Site erëm opzemaachen, wou jorelaang eng Trennung war tëschent deene Quartieren am Süde vun Diddeleng, respektiv wou de Site net méi aktiv genotzt ginn ass, do war e carrément zou, do ass kee méi dohinner komm ass, an du war et alleguerten deenen, déi an dëse Biergerbedeelegungsworkshops aktiv waren, wichteg, dass erëm Liewen an dee Site kënnt. Dat reit sech och an an déi verschidden Aktiounen, déi d'Gemeng schonns gemaach huet, ech mengen de Retour de Babel, respektiv och d'Notzung vum Hall Fondouq mat dem Atelier D deit drop hin, dass et eis alleguerte wichteg ass, dass do déi verschidden Halen an de Site erëm opgemaach geet fir deen eenzelne Bierger, dat heiten ass an där Kontinuitéit. Och wat do stattfënnt huet eng Kontinuitéit, wann ech elo den Urban gardening uschwätzen, Dir wësst dass déi läscht Joeren zu Diddeleng d'Héichbeeter richteg aus dem Buedem geschoss a gespross sinn, im wahrsten Sinne des Wortes, och eis Schoulgäert an an deem Sënn ass et wichteg, dass mir e grénge Accent mat op dee Site huele wat och en Uleies vun de Leit war.

Et ass jo schéin ze gesinn, dass d'Leit de Wee erëm an de Gaart fannen, a wann de Gaart net um Haus ass, da fënnt ee mat der Gemeng eben esou kreativ Léisungen. An deem Sënn ass dat och eng Kontinuitéit vun deene Saachen. Awer och de sportleche Beräich, de Sport loisir, dat gëtt zu Diddeleng Sport groussgeschriwwen. Mir hunn awer och eng Rei vun Akzenter gesat am Beräich vu Sports et Loisirs, wann een elo kuckt, ronderëm Diddeleng fënnt ee Mini-Staden, et fënnt een Baskettskierf, den Disc Golf hu mer ageweit, mir hu Calisthenics-Elementer, mir hunn awer och de Gehaansbiereg oder de Ginzebiereg, wou ee flott lafe kann. Ech mengen, dat heiten, dat reit sech do an, mir hunn hei dräi Sportarten, déi sech erëmfannen, de Streetball, dee villäicht erëm e bësse méi modern gëtt, respektiv hëllef mir mat där doter Aktioun, dass en erëm déi Attraktivitéit kritt, déi e viru Joeren och hei zu Diddeleng hat.

Och do war eng Demande vun Bierger, dat heescht och do a Kooperatioun mat Leit, déi sech wëlle mam



Basketball do austoben, déi haten eng Demande un eis gericht an do hu mir geduecht zesumme mat eisem Service, dass do eng flott Méiglechkeet wier fir dat ëmzesetzen. Den TeqBall ass eppes wat och um kommen ass, et ass esou e bëssen e bombéierten Dëschtennisdësch, wou een da kann eng Rei vu Sportarten drop ausüben. De Buergermeeschter hat sech mat Fussball probéiert, mat ganz vill Erfolleg hunn ech mir soe gelooss, en hat do seng Technik an en huet Diddeleng sensationell vertrueden. Do kann een och mat der Hand do spillen, et kann een och eng Aart Volleyball do spillen, et kann ee ganz kreativ sinn, zu zwee, zu véier oder zu sechs oder wéi och ëmmer kann een dat spillen.

An awer och déi Calisthenics-Elementer, wou Dir alleguerte wësst, dee risegen Erfolleg déi déi verzechen. Wat flott dobäi ass, et kann een dohinner goe wann ee wëll, wann een Zäit a Loscht huet, et muss een sech net vun engem Trainer begleet loosse, et kann een awer, et sinn ëmmer erëm Leit um Site, déi een deem aneren hëllefen. Et geet dorëms fir Leit dohinner ze kréien, dat ass et, d'Leit solle kommen, sech e bëssen domat auserneesetzen, der Natur méi no kommen an och iwwer Diddeleng a Gott an d'Welt diskutéieren.

Wichtig ass mir och fir ze soen, dass wann dee Site iergendwann anescht genotzt gëtt, déi éischt dräi Joer si mer schonns emol sécher, dass duerno déi Elementer weider kënne genotzt ginn an op eng aner Platz kënne transferéiert ginn, sou dass dat natierlech en Invest egal wéi fir d'Zukunft ass. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEESTER): Merci, wat och flott ass, ass, dass een an direkter Proximitéit de Projet Urban gardening huet an och, wann déi dote Sportsinfrastrukture ndohinner kommen, de Skatepark huet, respektiv de Kollektiv D. Et gëtt also e ganz flotte Pôle vu Kreativitéit, vu Sport, vu Biergerbedeelegung, also e ganz flotte Kader fir verschidden Zorte vun Aktivitéiten um Site ze hunn an et ass eng Beräicherung fir de Site Neischmelz an Diddeleng. D'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, d'CSV begréisst dat explizit, net nëmmen d'CSV hat an hirem Walprogramm stoen, dass et eng Demande war vun den Bierger fir e Streetball Terrain, et waren och aner Parteien déi dat dran haten an iwwerhaupt d'Biergerbedeelegung an den

Dialog mat de Bierger ass extrem wichteg. Mir begréissten och déi Tëschennotzung, mir haten dat och schonns gesot gehat, datt wat d'Hall Fondouq mam D-Kollektiv ubelaangt, dass mir dat gutt fannen.

Wat och gutt ass, ass, dass déi Héichbeeter och mobil sinn, et huet jo och geheescht, dass een déi kann deplacéieren wa sollt de Bau ugoen am Fréijoer an am Summer sinn awer nach e puer Zalotekäpp ze plécken, da muss een déi net ofrappen, mee da kann een dat op en anere Site setzen, dat fannen ech och ganz praktesch. Wat ech och ganz gutt fannen, dat ass bei der Durée, dass do steet, dass mir op 36 Méint et maachen an eis awer net blockéieren, well explizit drasteet "sauf nécessité impérieuse", wann den Bau sollt éischter ugoen, wat mir jo awer alleguerten iergendwéi hoffen, dass et net dräi Joer laang dauert bis hei deen éischte Bagger kënnt, fannen ech gutt, dass dat net blockéiert gëtt.

Ech hunn nach just eng praktesch Fro: Et steet och hei, dass den Emprunteur muss déi Zon och delimitéieren mat Clôturen an esou weider a wat och do steet, ass, dass ee géif de Gardiennage an d'Surveillance iwwerhuelen. Ech wollt froen ob do eppes virgesinn ass, ginn dat Clôturen, déi zougespaart gi wéi bei de Mini-Staden oder sou, oder bleift dat ëmmer op? Dat ass eng Fro a meng zweet Fro, ech hat et schonns gefrot am Ufank bei den Budgetdiskussionen, ass net virgesinn, awer eng Toilette oder sou eppes dohinner ze stellen, net dass d'Leit dann do in die Büsche verschwinden müssen, Büsche si souwisou net vill do, net dass se hannert d'Haiser sech verstoppe goe musse wann se grad an engem coole Match sinn an et kënnt e gewëssene Besoin iwwert se?

An dann ass och meng Fro: Maache mir och do e Lokal fir d'Gaardematerial, wie geréiert dat, wie geréiert iwwerhaupt déi Gäert? An et war ugeduecht ginn, dass mir géifen esou eng Aart Container dohinner stellen - aner Gemengen hunn esou Zirkusween - wou een och en InfoCenter kéint hikeréieren wou d'Leit sech kënne informéieren iwwer Projeten op dem Site vun der Neischmelz. Meng Fro: Ass dat elo schonns do ageplangt oder soll dat an enger zweeter Phas kommen? Dat waren nach eng, zwou Froen, déi ech nach hat, mee insgesamt begréisste mir dat heiten explizit, d'Biergerbedeelegung, d'Tëschennotzungen, et sinn e lauter gutt Saachen a mir hoffen, dass souwuel de Gaart wéi och



d'Terrainen, Sportsterrainen dee Succès hunn, deen se verdéngen. Merci.

ROBERT GARCIA (DÉI GRÉNG): Merci, dat heiten ass jo een Deel vun der ugestriefteener a mystescher Tëschennotzung vun deem Terrain Neischmelz an et betrëfft also deen Open Air Deel, och wann een sech muss froen ob ee säit dem leschte Weekend besser hätt, Gardenaktivitéiten Indoor ze maachen, dann hätt een herno wéinstens Zaloten, déi net duerch iergendwellech Knëppelsteng futti gemaach ginn.

Mee et gëtt deen zweeten Aspekt, dat ass déi Indoor Tëschennotzung, déi mindestens esou wichteg ass wéi déi Outdoor Tëschennotzung an do entsteet natierlech e klenge Problem well wann een dem Fonds du Logement säi Canevas kuckt, da ginn 2019 déi Saachen, déi solle verschwannen, ofgerappt an dorënner gehéiert jo och d'Hall Fondouq an déi aner Saachen, déi nach bleiwen, déi hu jo nach kee Kommodo a bis déi rafistoléiert sinn an e Kommodo hunn, si mer bal 2020/22 an da stellt sech de Problem, éischstens, wat mécht den D-Kollektiv, bis dohinner mécht deen Open Air Aktivitéiten, ech hu keen Intérêt personnel beim D-Kollektiv an ech sinn och net President dovunner, mä ech si Mitglied vun dem Forum citoyen an dat ass och eppes wat de Forum citoyen niewent den Outdoor Aktivitéite beschäftegt. Et ass also eng wichteg Fro fir ze kucken, wat Indoor passéiert an där Tëschennotzung an dofir wier et och gutt gewiescht, wann de Fonds du Logement do hätt kënnen Äntwere ginn. Ech hunn do Echoe kritt vun där Biergerversammlung, do sinn de Leit, déi do waren, e puer Saachen opgefall.

Éischstens ass den D-Kollektiv iwwerhaupt net erwänt ginn, déi Leit waren och zimlech "bewildert", wéi een op Englesch seet. Dat zweet war, dass och kee Vertrieeder vum Fonds du Logement do war, dat ass ze verstoe well do gëtt et jo e permanente Wiessel an dee Vertrieeder virdrun hätt jo wahrscheinlech och nëmmen op déi Froe geäntwert, wou hie fonnt hätt, déi wiere wichteg. Dat heescht, d'Leit, déi do erausgaange sinn, déi woussten elo net gëtt et elo eng Tëschennotzung fir den D-Kollektiv oder och fir aner Aktivitéiten am Indoor. Soit dit en passant, et hätten och kënnen an där Versammlung Froe beäntwert ginn iwwer déi mystesch Mixitéit vum Quartier spéider well do kritt ee sécher och Echoe wou d'Leit sech gefrot hunn, no wéi enge Kritären de Fonds du Logement herno déi Wunnenge verdeelt, no sengen

Urkritären, no engem sengem Akommes oder op déi Leit, déi do spéider an de Genoss kommen, och do schaffen, mee dat ass eng Fro, déi net elo an dat Thema hei gehéiert, mee d'Thema ass, mir misste villäicht dann eng Kéier wann de Fonds du Logement elo... wann elo kee méi nolauschtert, da kann ech och ophalen...

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Schwätzt Dir och nach eng Kéier zum Thema?

ROBERT GARCIA (DÉI GRÉNG): Jo, ech sinn amgaangen, d'Thema ass nämlech eng Tëschennotzung vum Quartier Neischmelz, wann dee bis fäerdeg ass - an do gehéiert dat doten dozou - an dofir géif ech do vläicht fannen, wann de Fonds du Logement elo molendlech besser opgestallt ass, dass dann do rëm eng Kéier ee vum Fonds du Logement erëm heihinner kënnt an dann op verschidde Froen Äntwere gëtt. Ech soen lech Merci, dass ech lech konnt stéieren.

HENRI GLESENER (LSAP): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter, ech schwätzen elo méi iwwer déi Terraine baussen. Dat sinn déi, wouriwwer mir haut ofstëmmen an dat sinn déi, wou mir vum Fonds du Logement geléint kréien. An déi Konventioun muss de Fonds du Logement jo och eng minimal Zäit drasetzen, well seng Missioun primaire ass jo awer dee Chantier do ëmzesetzen an déi minimal Zäit vu 36 Méint ass, mengen ech, déif ugesat. An deene Versammlungen, wou mir bis elo waren, kann een dovunner ausgoen, dass de Chantier och net just ob där doter Säit do ugeet, mee villäicht éischter an der Mëtt oder méi op der Südsäit, sou dass unzehuelen ass, dass mer déi Saachen, déi do ageriicht ginn, wierklech och eng Zäit méi laang kënnen notzen. Ausserdeem ass mir ëmmer opgefall, dass déi Leit vum Fonds du Logement do ganz flexibel waren an eigentlech ëmmer probéieren, esou kooperativ wéi méiglech do anzewierken fir dass dann och jidderengem déi Saach gerecht gëtt.

Zu der Fro vun der Madame Kayser iwwer den Infostand: De Fonds du Logement huet och ugedeit, dass e säin Infostand an der Géigend vum Urban garden ariichte wäert, ganz einfach fir dass eben déi Leit, déi dohinner kommen, sech een deen aneren do kenneleieren. Deen Infostand wäert och am Ufank méi eppes Klenges sinn an dann au fur et à mesure wuessen, jee nodeem wéi den Undrang ass, an herno, net direkt elo mee villäicht d'nächst Joer ass do scho



geplangt, dass dat e Raum ass, wou een och kann eng Maquette ausstellen, wou d'Leit sech iwwer dee ganze Site kënnen informéieren. Dat schéngt mir vun hinnen och gefërdert a gewollt ze sinn, an doduerch entsteet déi berühmte Win-Win Situatioun, wat hei och elo schonns ugedeit ginn ass.

Déi Leit, déi do op d'Plaz kommen, déi sech fir de Site interesséieren, awer villäicht och déi, déi just de Gaart am Kapp hunn an anerer, déi just Sport am Kapp hunn, sech dann hei begéinen an den Info-stand gesinn, sou dass dat Ganzt eigentlech villversprechend ass, dass déi Leit sech do treffe kënnen a kenneléiere kënnen an och automatesch da mateneen diskutéieren an sech fir déi ganz Saach interesséieren. Ëmgedréint ass et natierlech och wouer, déi Leit, déi da spezifesch dohinner komme fir eng Info zu de Frichen ze kréien, déi wëssen, dass do en Info-stand ass, déi gesinn da villäicht niewendrun ee Sport maachen oder dee konvivialen Eck, dee soll ageréicht gi beim Urban garden - fir en esou ze nennen - sech villäicht dobäisetzen, eng Taass Kaffi matdrénken a matenee schwätzen.

Ech hunn dat Ganzt vun Ufank un eng super Approche fonnt fir d'Leit beieneen ze bréngen, an ech hunn dann iergendwann selwer den Hummer oder Zaang an den Akku-Schrauwer agepak a sinn emol einfach dohinner gaangen fir un deene Beeter do ze schrauben. Sécherlech, och wann ech net selwer op där Platz wäert Zalote sichen goen, war dat immens interessant, a fir mech ass et flott ze gesinn, wéi Leit beienee kommen, déi villäicht net gewinnt sinn esou strukturéiert ze schaffen wéi mir elo hei, mat Avant-projet, da Projet an esou weider, mee déi einfach spontan dohinner komm sinn. Déi Diskussiounen, déi do entstane sinn, déi ware genau esou spannend.

Well an den éischte Versammlungen oder Spontanversammlungen war wierklech vun - bis do, wat d'Erwaardunge un dee Site waren. Natierlech hunn och e puer Leit komplett aner Erwaardunge gehat an déi kommen och villäicht net méi erëm. Mee et sinn der lues a lues ëmmer méi ginn, an déi waren alleguerte bereet fir Kompromësser anzegoen an déi waren alleguerte bereet fir alles ze maache fir dass de Projet weidergeet. Et si, mengen ech, 27 där Héichbeeter a relativ kuerzer Zäit gebaut ginn, wat och ganz flott war. Et huet kee Plang bestanen, et huet kee gesot, déi ginn elo esou oder esou gebaut, mä et ware Paletten do, nach laang net alleguerten nëmmen

eng Zort Paletten, an do hunn sech spontan Equippen zesummegeesat, déi e Meter geholl hunn a gekuckt hu wat een do kéint mat einfache Methode maachen. Déi eng hunn se an der Héicht ofgeseet, déi aner hunn se zesummegeesat, allméiglech flott Ideeë waren do an si hunn sech zesumme fonnt a spontan Equippe gebilt fir déi Héichbeeter ze bauen.

Während dem Bauen ass awer och déi Diskussioun opkomm, wou kommen se hi stoen, wéi geet dat, an och dat war flott a spannend. Do ass et op eemol drëm gaangen, wéi se sollen zu der Sonn gedréint sinn, wou soll dee Container hikommen wou d'Gardesgeschir dra kënnt? Sollt deen net Schied maache fir eppes anescht? Wou kënnt déi Place conviviale hin, ouni dass dat eng Staatsplaz gëtt, déi Milliounen wäert kaschten, mä wou kënne mir selwer eppes maachen? Wéi eng Moyene brauche mir, wat kënne mir als Hëllef vun der Gemeng erwaarden?

All déi Saachen sinn zur Ried komm. Ënnert anerem gouf och d'Sécherheet ugeschwat. Et war eng Madame do, déi sot, jo mä ech brénge meng Kanner mat an hei si mir 10 Meter vun der Thionviller Strooss ewech, dat ka jo wuel net sinn. An och do hu mir spontan gesot, dass dat logesch wier, dat muss e bëssen ofgetrennt ginn. Mir wëllen awer elo keng Festungsbuerg bauen mat zwee Meter héich Mauere ronderëm a mat Stacheldrot uewendrop. Mir hoffen, dass mir dat och hikréien, dass dat visuell e bëssen méi oppen ass, awer do muss eng Oftrennung hin. Och do war et einfach, mir hunn eng Kéier kuerz mat de Gemengeservicer geschwat, a schonns hunn déi sech bereet erkläert fir do eng Hand mat unzepaken, sou dass dat alles einfach leeft, awer anescht wéi ech et ëmmer gewinnt war, nämlech ouni dass do muss dräi Joer geplangt ginn an esou weider.

An den Zäitdrock ass ganz alleng entstanen, well wéi bis déi éischt Sonnestralen erauskomm sinn, wollt op eemol all Mënsch seng eegen Zalot drakréien an et huet kee méi nogelauschtert ob do nach missten dräi Devis-remaniée gemaach ginn, et ass einfach lassgaangen an esouwäit ech weess, sinn déi 27 Backen elo op der Plaz an et ass amgaangen do Buedem drageschott ze ginn an d'Leit stinn an de Startlächer fir do unzesetzen. Meng ufänglech Skepsis zu deem Projet ass och schnell verflunn wéi ech gesinn hunn, dass d'Leit d'Wichtigkeet vun deem Projet erkannt hunn a wéi se alleguerten un engem Strang gezunn hunn. Ech mengen, op där Platz könnte wierklech



Brécken geschloe ginn tëschent Nationalitéiten, well där waren der eng ganz Partie do. Tëscht Kulturen, do war net jiddereen deen dat selwecht denkt. Awer och tëschent Generatiounen well et waren awer vu ganz Jonker bis awer och Pensionéierter wéi ech do. Ech sinn der Meenung, dass mir als Gemengerot dësse Projet sollte mat alle Mëttelen ënnerstëtzen an dobäi denken ech besonnesch un déi moralesch Ennerstëtzung. Mer sollen de Leit zougestoen, dass mir hannert hinne stinn an hir Spontanitéit och weider fërdere sollen.

Ech denken, dass ech hei och e puer Mercie sollt lassginn an hoffen, ech kann dat am Numm vun lech alleguerten maachen. Dat un déi Acteuren um Terrain, wann och just stellvertriedend, fir hei keng 50 Leit müssen opzezielen: Dem Claire Thill vum CELL - dat ass de Centre for Ecological Learning Luxembourg -, fir seng Gedold a seng exzellent Koordination um Terrain, eise Servicer, awer och do just stellvertriedend de Gäertner, well déi am meeschten involvéiert sinn awer bei Wäitem net alleng. Och Leit vum Projet Ensemble ware méi wéi eemol op der Plaz, och fir si ass et eng Win-Win Situatioun. Dat heissen ass eng nei Erausforderung awer och interessant fir si. Dem Fonds du Logement, och do stellvertriedend villäicht der Madame Audrey Vit, der Architektin, fir déi gesond Flexibilitéit, déi si un den Dag geluecht huet.

En anert Thema, dat ugeschwat gouf, war ob Toiletten op d'Plaz kéimen. Ech weess, dass eise Service Gaz et Eau de Moment ofcheckt ob dee Kanal, deen do ass, en direkten Anschluss huet, an ob een do eng Waasserleitung duerch e Kanal kéint leeën. Dat si grouss Kanäl, déi do um Arbedsterrain leien. All déi Saache sinn amgaangen, et si keng perfekt Projeten, mä all déi Leit zéien un engem Strang an ech hunn do wierklech e gutt Gefill, dass mir dee Projet hei wierklech optimal iwwert d'Bühn kréien an dass en och iwwerdauere wäert, well jo déi meescht Saache gebaut si fir hin an hier ze réckelen. Wuelwëssend, dass Héichbeeter déi aus ale Palette gebaut sinn, wann déi 4-5 Joer op enger Platz stinn, da kann een déi nëmme schwéier deplacéieren. Mee da maachen mir eben neier. Déi Leit sinn sech dat och bewusst. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Här Glesener. Ginn et nach weider Stellungnahmen? Dat ass net de Fall. Ech spieren hei eraus,

dass d'Ausrichtung hei haaptsächlech Zoustëmmung fënnt, an ech ginn hei nach e puer Explikatiounen wat de Volet Outdoor ugeet, well et ass deen ëm dat et an dësem Gemengerot geet.

Wat de Volet Urban gardening ugeet, do gi Container higestallt vum Multimodal fir déi néideg Aktivitéiten ze maachen an et ass virgesinn, dass en Infocenter dohinner kënnt an do huet sech de Fonds du Logement verpflichtet, ab der Rentrée déi z'installéieren, wou een och kann Informatiounen ginn iwwer de Site Neischmelz awer och iwwer d'Tëschenaktivitéiten an déi generell Aktivitéiten vun deem Site, déi och do stattfannen, an déi Dynamik fënnt jo statt iwwert déi Aarbechtsgruppen, déi mir jo an d'Liewe geruff hunn am Kader vun der Biergerbedeelegung, wou et och Facebook-Gruppe ginn, déi vum CELL a vum Transition Minette geréiert ginn a wou mir och als Gemeng d'Decisioun geholl hu fir hinne voll Vertrauen dat ze geréiere ginn hunn an als Moderateur a Facilitateur opzetriete fir déi Dynamik, déi do entsteet a richteg ass, an och déi generell Ausrichtung, do hat d'Madame Kayser jo gefrot, Dat ass och am Kader vum Urban gardening esou, et sinn am Fong d'Bierger, déi herno dobäi matmaachen an dofir sollen déi och d'Gestioun maachen, et ass jo net d'Ausrichtung, dass d'Gemeng herno d'Gestioun soll maache mä dat am Kader vun der Biergerbedeelegung och d'Leit sinn, déi dat mat opbauen, och d'Responsabilitéit hu fir déi Gestioun ze maachen. Dat ass am Fong déi Ausrichtung, déi mir hei wëlle ginn.

Dann awer kuerz ob d'Indoor Aktivitéiten, och wann dat haut kee Sujet hei ass. Mir wäerte scho kucken, dass den D-Kollektiv seng Indoor Aktivitéiten hei ka weider maachen, an och wann an der Versammlung iwwer si geschwat ginn ass, ech wëll och nach eemol de Kader hei setzen. Här Garcia, Dir sot jo Dir wiert net do gewiescht an Dir hätt Echoe kritt. An der Reunioun gong et iwwert d'Modification ponctuelle du PAG an net iwwer aner Diskussiounen. Natierlech, all Mënsch kuckt aus senger Sicht, mä op jiddwer Fall war d'Modification du PAG um Ordre du jour vun där Biergerversammlung, dofir mengen ech, ass doriwwer och net kloer geschwat ginn. Op alle Fall ass hei d'Ausrichtung, dass souwuel Outdoor- wéi och Indoor- Aktivitéiten um Site Neischmelz kënne stattfannen an ech mengen, dass et méi wichteg ass, aus éischter Hand Informatiounen ze kréie wéi aus zweeter Hand. Dëst gesot wëll den Här Spina nach op e puer Punkten agoen.



LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Merci, d'Madame Kayser hat nach déi eng oder aner Fro opgeworf punkto Sécherheet a wat de Clôture ugeet, also et ass en allgemengen Text deen si hei formuléieren an deen net wierklech passt. Et mécht jo kee Sënn, dass mir dat clôturéieren, et geet jo dorëms, dass d'Leit de Site benotzen an dohinner ginn an sech do bewegen. Et ass just fir dass de Rescht vum Site securiséiert ass an dofir hunn si dësen Text ëmmer dran. Well dat géif jo soss kee Sënn maachen, dass mir hei eng Clôture ronderëm maache fir dat d'Leit nach e Schlëssel oder e Code brauche fir Basket kënnen spillen ze goen, dat géif jo kee Sënn maachen. Toilettë sinn elo an enger éischter Phas direkt do bei de Sports-elementer net ugeduecht awer - wéi mir schonn héieren hunn - ass ronderëm den Urban gardening awer e WC ugeduecht, sou dass sécherlech deen een oder aneren dovunner profitéiere kann. Ech profitéieren awer och nach dovu fir dem Här Glesener Merci ze soen, do spiert een awer, datt deen duerch an duerch an deem Projet dran ass, an deen net nëmme vum Héieresoe schwätzt, mee mitten drin ass an nicht nur mit dabei. Merci fir déi Begeeschterung.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci nach fir déi dote Präzisierungen, da géife mir zu der Ofstëmmung kommen. Wien ass mat dëser Konventioun, respektiv Contrat de prêt, sou wéi e formuléiert ass, averstanen? **Dat ass unanime.**

Da soen ech dem Gemengerot Merci fir seng Zoustëmmung an och zur grousser Freed vun den engagéierte Leit an den Utilisateure vun den Tëschennotzungen, wat e wichtegen Deel vum Projet ass.

3.9. Approbatioun vun engem Verkafsakt

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Da géife mir iwwergoen ob en Acte de vente an dat ass den Acte tëschent dem Här an der Madame Dos Santos Fonseca an der Gemeng Diddeleng a mir ginn an de Quartier Italien an d'Rue des Minières, do geet et ëm eng Construction légère, eng Garage vun 0,18 Ar, déi mir hei kafe fir e Montant vu 50 000 Euro.

Firwat mussen mir dat maachen, respektiv wat geschitt mat där Garage? Et ass am Fong d'Utilité publique, déi invoquéiert, wéinst där mir müssen déi Garage kafen anoch déi Parzell brauche fir d'Baussenamenagement vum der neier Crèche am Quartier Italien.

Do gëtt jo och d'Entrée gemaach an do wou déi Garage de Moment steet, sollen d'Baussenamenagement an och d'Spillplaz vun der Crèche am Quartier Italien hikommen. Dofir hu mir déi Garage gebraucht. Ech muss soen, datt et Diskussiounen gouf an et war net evident mam Propriétaire, mir hunn eis schlussendlech op e Präis gëeeneegt. Mir hunn zwar eng ganz Rei Traktatiounen, déi am Virfeld néideg waren, mee duerch dësen Acte de vente bréngt dat e Plus u Qualitéit vun den Amenagement vum dëser neier Crèche am Quartier Italien an dofir hu mir dësen Akt mat dem Här an der Madame Fonseca ofgeschloss. Voilà, dat zu den Erklärungen wat dësen Acte de vente ugeet. Si Froen dozou?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, wéi ech mir de Weekend déi Dossieren - déi mer freides, de 27. Abrëll zougestallt kruten - duerchgekuckt hunn, ass mir e grave Feeler ofgefall, deen ass awer redresséiert gi méttlerweil, dat heescht am Ufank krute mer et esou wéi wann d'Gemeng dem Här Fonseca déi Garage géif verkafen. Dunn hunn ech geduecht, dat kann dach net sinn an hunn den Akt emol nogelies an Dir hutt et jo elo och richtig gesot, mir kafe vun deene Leit eng Garage of. Elo hunn ech just eng Fro well mer och de Certificat de publication matgeschéckt kruten de 27. Abrëll, do steet och dran "la ville de Dudelange acquiert sur les époux un garage", an dat war deen Aushang vum den 30. Mäerz bis den 13. Abrëll. Musse mir dat net elo dat heiten nach emol aushänken, einfach fir lege artis ze sinn, well ech denken, e Wuert ze ännere mécht net immens gutt. Dofir ass meng Fro, kënnen mir den Akt haut hei iwwerhaupt votéieren oder mussen mir dat nei aushänke mam korrekten Wuertlaut?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci, ginn et nach weider Stellungnahmen? Dat ass net de Fall. Wat ausschlaggebend ass, ass den Akt, deen ass jo mol richtig. Natierlech, reng formal gesinn, misst een den Avis nach eemol aushänke well et steet jo am Fong inverséiert do. Quitte, dass jo hei, wat déi Vente hei ugeet, keen Tiers leséiert ass, well dat hei jo am Fong bilateral ass a just Gemeng an déi Koppel Fonseca Dos Santos betrëfft. Mä wann een dat wéilt propper maachen, misst een dat heiten nei aushänken an dann am nächste Gemengerot vum 15. Juni nach eng Kéier op den Ordre du jour setzen. Ech spieren hei eraus, dass een dee Formalismus soll bäihuelen. Solle mir dat esou maachen? Gutt, da maache mir dat esou.



3.10. Approbatioun vun Dekonten

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da géife mir weidergoen ob d'Approbatioun vun Dekonten, dat sinn 10 Stéck. Ech probéieren, zügeg doduerch ze goen. Deen éischten Dekont ass d'Extensioun vun der Maison relais Gaffelt, dat war en Devis vun 930 000 Euro an d'Dépense effective war 929 932,75 Euro an dat war 2014-2017. Am Joer 2017 hu mir e Subsid kritt vun 900 000 Euro vum Ministère de l'Education nationale, wat de Volet Maison relais ugeet awer och d'Salle multifonctionnelle, also hu mir bal 100% kritt, dat ass positiv, dat mer do fir déi zwee vun engem Subsid konnte bénéficiéieren.

An der Schoul Strutzbiérg ass den Daach frëschgemaach ginn, dat war en Devis vun 38 000 Euro an d'Dépense effective war 27 257, 24, dat ass méi bëlleg ausgefall well d'Lukarnen net hu misse renovéiert ginn an dat war 2015 an 2016.

Am Mayrisch-Park sinn d'Toiletten an den Depot aménagéiert ginn, dat waren 200 000 Euro fir den Devis an d'Dépense effective war 195 020,68 dat war 2015 an 2016.

Um Strutzbiérg gouf eng Mise en sécurité vum Sossol gemaach, dat waren 30 000 Euro fir den Devis an 29 209,72 Euro fir d'Dépense effective an dat war 2016.

Am Gaart & Heem an der Beetebuerger Strooss, also an deem Lokal wat si notzen, wat d'Gemeng zur Verfügung gestallt huet a wou si Propriétaire ass, do huet missen de Chauffage ersat ginn, dat waren 16 000 Euro, déi mir um Devis hate fir déi Heizung an d'Dépense effective war 13 535, 22 Euro, dat war 2016.

Dann hu mir eng ganz Rei Strukturen, ugefange mam Foyer Diddelfamill, do war eng Mise en conformité, dat war jo eng Prescriptioun vun der ITM, déi mir hu missen ëmsetzen an do hu mir en Devis vun 72 000 Euro gestëmmt an d'Dépense effective war 57 394,85 Euro. Dat war 2016 – 2017. Do hu mir och e Subsid kritt, mä de Subsid baséiert normalerweis ëmmer op den Devis. Wat mir natierlech richteg herno als Subsid kréien ass d'Dépense effective, déi gëtt zu 100% gedeckt. Dat heescht mir kréie 57 394 Euro, dat wollt ech hei nach präziséieren.

Dann am Foyer Minettsdepp war eng Mise en conformité, dat waren Devis vun 300 000 Euro an d'Dépense effective war 290 764,73 Euro. Do hu mir och e Subsid kritt vum Ministère de l'Education nationale.

Da war am Foyer Nuddelsfabrik eng Mise en conformité, dat waren Devis vu 17 000 Euro an d'Dépense effective war 15 136,13 Euro an do kréie mir natierlech och e Subsid vum Ministère de l'Education nationale.

Da war et hei am Gemengenhais den Département financier, dee frësch gemaach gouf, d'Bureau fir 25 000 Euro, d'Dépense effective war 20 751,12 Euro, dat war 2017 an do krute mir och e Subsid vum Kulturministère, vu Sites et Monuments.

Da war eise Musée municipal, do ass e Monument frëschgemaach ginn um Dach, respektiv reproduziert ginn, dat war en Devis vun 32 000 Euro an d'Dépense effective war 29 478,91 an och do krute mir e kleng Subsid vu Sites et Monuments well jo och d'Gebai um Inventaire supplémentaire steet.

Domat wier ech Schluss vun deenen Dekonten ukomm. Ginn et Stellungnahmen dozou oder Froen? Dat ass net de Fall. Wien ass mat deenen Dekonten averstanen? **Dat ass unanime. Merci.**

3.11. Verdeelung vun ausseruerdentleche Subsiden

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dann e Subside extraordinaire an Héicht vu 500 Euro, dat ass fir d'Editioun vum Buch "Moien", dat ass e Projet, deen d'Kanner aus der Classe d'accueil vun Diddeleng mat hire Léierinne matgemaach hunn. Et ass d'Associatioun "Freed um Liesen", déi dat Buch erausgëtt. Wéi gesot, d'Stad Diddeleng war an dee Projet mat agebonnen, notamment iwwert d'Enseignanté wéi awer och d'Lynette Herz an hei aus dem Schafferot d'Josiane Di Bartolomeo Ries, a vu datt mer dat gemaach hunn als Gemeng Diddeleng, ass et och kloer, dass mir e Subsid gi fir dat Buch mat engem multikulturelle Charakter.

Ass de Gemengerot och domat averstanen? **Dat ass unanime, ech soen lech Merci.**



4. KOMMUNALPLANUNG A STADENTWÉCKLUNG: APPROBATION VUN DER KONVENTIOUN A VUM EXEKUTIUNS- PROJET VUM DEELBE- BAUUNGSPLANG (PAP) „RUE DOMINIQUE LANG“ MAT DER GESELLSCHAFT CITÉ CUBE S.À R.L.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da géife mir eriwergoen op de Projet Conventioun d'exécution mat der d'Sociétéit Cité Cube s.à r.l., dat hei ass am Fong d'Exekutioun vum PAP. Ech wëll awer kuerz soen, dass hei am Gemengerot den 20. Mee 2014 de PAP unanime gestëmmt gouf, wou aacht Haiser, respektiv véiermol zwee Bifamilialhaiser gebaut sollte ginn. De Ministère de l'Intérieur huet dëse PAP am Juli 2014 guttgeheescht an do war awer ee vun de Propriétaires, deen d'Gemeng op d'Gericht geholl, wat d'Recullen ugeet, dat war eng Diskussioun, déi mir deemools hei am Gemengerot haten, mir sinn hei op den Tribunal administratif gaangen, am November 2014, an déi concernéiert Persoun, déi géint d'Gemeng geklot huet, respektiv och géint de PAP, respektiv awer och géint den Inneministère, huet an hirer Argumentatioun net Recht kritt.

Dat war am Joer 2016 an an der Tëschenzäit hu mir de PAP hei virleien, tëschent de Konsorte Weyrich an der Cité Cube s.à r.l. an an der Tëschenzäit hunn d'Konsorte Weyrich sech zeréckgezunn a Cité Cube s.à r.l. si Propriétaire vum Terrain ginn. Dat ass esou, wéi si dat ënnert sech uitgemaach hunn, dat par rapport zu der Prozedur. Dat weist awer och an der aktueller Diskussioun, déi hei am Land gefouert gëtt och iwwer de Wunnengsbau mat all de Prozeduren a Verzögerungen, déi dat alles kënne mat sech bréngen, datt tëscht dem PAP, dee gestëmmt gouf, an der Convention d'exécution, déi hei virläit am Gemengerot, gutt véier Joer leie fir e kleng Projekt vu 8 Wunnunitéiten. Dëst einfach als Remarque en marge.

Wéi gesot, et ass awer gutt, jidderee kann een op d'Gericht huele fir saï Recht anzekloen, dat weist awer, dass esou e kleng Projekt awer eng gewëssen

Zäit brauch fir ëmgesat ze ginn an ech mengen, et gouf deem Rechnung gedroe mat der Convention d'exécution, déi hei virläit, wou et dorëms geet, aacht Maison-unifamilialen, also zweemol véier Unifamilialen en bande ze bauen, wat flott ass, well een awer no beim Stadkär unifamilial Wunnenge baut. Natierlech hei an der Convention d'exécution déi tëschent der Stad Diddeleng a Cité Cube s.à r.l. liiert, déi ganz kloer d'Responsabilitéit iwwerhëlt, déi hei de Promoteur, respektiv den Developpeur muss erfëlle fir dee Projet kënnen ëmzesetzen.

Natierlech brauch en och fir all Haus, wat en herno baut, eng Baugenehmigung. Et ass natierlech herno och esou, dass wann de Projet realiséiert ass, deen Deel, deen néideg ass och der Gemeng muss cedéiert ginn. Sou wéi et am Gesetz virgesinn ass, sinn dat 25% am Kader vum PAP, an Dir gesitt hei am Kader vun dëser Convention d'exécution, dass dat wat cedéiert gëtt, 3,68% sinn. Do kéint een natierlech, sou wéi d'Gesetz et virgesäit, eng Soulte froen, dat maache mir jo awer net, well mir jo och kloer präziséiert hunn, dass d'Firma Cité Cube s.à r.l. déi Amenagementer mécht beim Jugendhaus.

Doduerch gëtt och d'Limit vum Jugendhaus jo da vergréissert, dat heescht, den Terrain vum Jugendhaus vir gëtt vergréissert. Virdru sinn d'Amenagementer, déi mir als Gemeng hannen am Bannenhaff maachen, hei ass de Volet, dee Cité Cube och muss aménagéiere vir bei der Entrée an dat ass an der Héicht vun 99 100,23 Euro an dat ass deen Deel, deen der Gemeng cedéiert gëtt, während mir déi aner Aarbechte maachen, déi mir och hei gestëmmt hunn. Dat heescht, et sinn am Fong Gesamtaarbechte vun 129 958,92 Euro, dat ass dat wat mir mat hinnen uitgemaach hunn.

Dann ass et natierlech esou, dass wann déi Aarbechte fäerdeg sinn, si eis déi Partien cedéieren, déi ginn an den Domaine public eran, mir froen natierlech awer och eng Garantie bancaire, wéi dat ëmmer de Fall ass bei enger Garantie d'exécution. Dat sinn engersäits 285 000 Euro, dat sinn engersäits déi Amenagementer fir 99 100,23 Euro an awer och den Devis, deen Dir am Gemengendossier virleien hutt, wou si mussen aménagéieren, déi ganz Infrastrukturen och am Domaine public, déi si musse maachen, ech mengen, dofir froe mir eis ëmmer eng Garantie bancaire, dat ass déi klassesch Approche, déi mir hunn. An natierlech en contrepartie vun der Garantie



bancaire kënnen si och déi Baugenehmegung kréien. Dat ass eng aner Conditoun déi mir hei festhalen an natierlech, dass hien dat ënnert senger Responsabilitéit mécht, als Maître d'Ouvrage. Wéi gesot, Cité Cube s. à r.l. ass dann do deemtspriechend responsabel.

An natierlech, am Kader vun den Aarbechten de Revêtement définitif, dat heescht dee ganzen Tarmac, dee muss gemaach ginn, den Trëttoir, dee muss fäerdeg gemaach ginn, do ass d'Gemeng um Drécker, dat heescht sur simple demande mussen si dat fäerdeg stellen. Dat gëtt och gemaach wann Haiser do stinn, da ginn déi néideg Amenagementen, respektiv d'Trëttoire fäerdeggestallt, dat gëtt jo ni definitiv fäerdeggestallt während de Konstruktionsaarbechten, well da jo schonns direkt den Trëttoire endomagéiert gëtt. Dat heescht, si organiséieren sech iwwert deen heite Wee fir dat dann och zum Schluss ze maachen.

Voilà, dat heescht, et ass och virgesinn, dass regelméisseg Reunion-de-chantiers stattfannen. Vu, dass dann dat heizen e Chemin repris ass, Dominique Lang, direkt vun der Edisonstrooss an da mussen si kucken fir déi néideg Dispositiounen ze huelen, respektiv sinn si och am Kontakt mat Ponts et Chaussées, dat leeft och, an natierlech och d'Travaux d'infrastructure, do engagéiert och de Maître d'Ouvrage sech, ee Joer no den Aarbechten dat fäerdegzestellen, an natierlech, wann dat net de Fall ass, kënnen mir dat als Gemeng maachen an dann och op d'Garantie bancaire zeréckgräifen. An natierlech awer och fir den Drock héichzehalen, dass de Projet dann och endlech realiséiert gëtt, och de leschte Punkt, dass dës Konventioun ofleeft wann an engem Délai vun zwee Joer no der Approbatioun vun der Autorité supérieure, also vum Inneministère, déi Aarbechten ugefaangen hunn. Mir haten an der Lescht ganz vill Sitzungen mat Cité Cube s. à r.l. an si sinn an de Startlächer fir dësse Projet ze realiséieren, also e flotte Projet, wou mir direkt no beim Zentrum aacht Maison-unifamiliale baue loosse.

Dës zu den Ausféierungen, wat déi Conventioun d'exécution ugeet, an déi berout natierlech ob dem PAP, dee mir am Joer 2014 hei gestëmmt hunn. D'Diskussiounen an d'Stellungnahme sinn op.

SYLVIE ANDRICH DUVAL(CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech hätt just eng kuerz Fro: Bei deem

ganzen Amenagement, do si jo Nopeschhaiser hannendrun, déi un d'Rue Lumière grenzen, wéi geet et do wat d'Ofgrenzung ugeet? Waren do keng Schwierigkeiten fir mat deene Leit eens ze ginn?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ech wäert dodrop äntweren, ech froe just nach ob aner Stellungnahmen do sinn.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Jo, mir begréissen dass dësse Projet, deen aacht Eefamilljenhaiser virgesäit, endlech ëmgesat gëtt. Ëmmerhi gouf de PAP jo scho viru véier Joer am Gemengerot approvéeiert. Säit deemools huet sech dat schéint Haus an dee gutt gefleegte Gaart vun der Famill Weirich sech staark zum Negative verännert. Grad op där Plaz, wou all Dag honnerten Autoe laanscht fueren, ass et gutt an héich Zäit, dass erëm eng Baulücke méi zu Diddeleng verschwënnt a sech e propper Bild vun Diddeleng den Ae bitt. Ze begréissen ass och, dass fir dee scho ganz intensive Verkéier op dësem Platz net nach méi ze perturbéieren, nëmmen eng zentral Entrée, respektiv eng Sortie fir d'Autoe virgesinn ass. Positiv ass och, dass mir eng Partie Terrain cedéiert kréie fir de Bannenhaff a soumat de Bausseberäich vum Jugendhaus méi propper, méi oppen a méi funktionell ze gestalten. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech hunn e bësse méi technesch Froen: De Moment ass jo do an där Kéier déi Mauer, déi, wann een esou kuckt, ganz vill wäert ass fir d'Autoen dovunner ofzehalen, e bësse méi wäit ze fuere wéi d'Strooss. Fält déi Mauer herno ewech, dat heescht, riskéieren d'Autoen, déi d'Kéier net kréien, um Trottoir oder bei de Leit an der Fassad ze landen?

Déi zweet Fro: Do ass esou eng kleng Plaz vu Parking public op deem Areal virgesi fält deen ënnert de Parking résidentiel? An déi drëtt Fro, déi ech mir stellen: Wann eisen neie PAG scho gestëmmt wier a wa mir am Iwwergang wiere vun eisem ale PAG an deen neie PAG, wier eise Vote vum PAP vu viru véier Joer dann hifälleg ginn? Dat ass just eng technesch Fro.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Merci, mir hu weider keng Stellungnahme, mir hate viru véier Joer dee PAP matgedroen a mir änneren eis Meinung dozou och net bei der Konventioun elo. Et ass mir elo nach eng Kéier opgefall, do sinn esou kleng Cheminpietonen, wou een net richteg versteet firwat déi



nach do sinn. Kënnt Dir mir dozou eng Erklärung ginn? Hannert den Haiser an hire Gäert. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Ginn et nach weider Stellungnahmen? Neen, dat ass net de Fall, da géif ech vläit op déi éischt Fro vun der Madame Andrich äntweren. Mir si jo am Kader vum PAP, wou mir deen hei 2014 gestëmmt hunn, op eng Rei Punkten agaange vun de Leit, mat deene mir eng Reunioun haten, wou mer iwwer d'Reculle geschwat hunn a wou déi concernéiert Leit averstane waren, déi do wunnen, ausser eng Persoun, déi eis op d'Gericht geholl huet, déi net do wunnt, wou reklaméiert huet géint Derogatiounen par rapport zum Recul.

Ech hat dat jo uganks mengen Erklärung gesot, dofir huet jo 2016 den Tribunal administratif seng Decisioun geholl. Mee am Virfeld sinn déi Diskussiounen gelaf, dat war jo Partie intégrante vum PAP, deen hei 2014 gestëmmt gouf an do ass jo keen neie Moment a Kraaft getrueden, de PAP ass d'application an dofir hu mir elo d'Konventioun virleien. Dat doten ass alles viru véier Joer ofgedeckt ginn am Kader vun der offizieller Prozedur vum PAP, wéi dat bei all Prozedur de Fall ass, an do konnten eng ganz Rei Bedenken aus dem Raum geholl ginn, zu där Zäit wou mir déi Diskussiounen mat den Awiner haten, déi effektiv hannendru wunnen.

Hei ass et natierlech par rapport zum PAP, do effektiv gëtt och Parking geschaf, bis elo hu mer eis nach net prononcéiert, kommt mir kucken emol, dass de projet ëmgesat gëtt an dann diskutéiere mer ob en erageholl gëtt oder net, mä de Fazit ass, dass Parkraum muss geschafe ginn. Et ginn engersäits Wunnunitéiten geschafen, mä et mussen jo dann och pro Wunnunitéit am ëffentlechen Parkraum Parkplaz virgesi sinn. Zum gegebenen Zäitpunkt gesi mir dat, mir hu jo och schon aner PAPen a Convention-d'exécution gestëmmt, dat heite reit an déi selwecht Approche an.

Wa mir déi Lecture bäibehale vu virum August 2018 mam PAG, da si mir hei nach ëmmer an den Delaien, dat heescht, dee PAP, respektiv déi Convention d'exécution géif dann och esou ëmgesat ginn, et ass jo just fir all déi PAP Nouveaux quartiers, déi nom August 2018 gestëmmt ginn, déi wiere blockéiert gewiescht. Hei hu mir d'Konventioun, déi gëtt guttgeheescht an och wann den Delai bestanen hätt virum 2018, hätt dat heite kënnen ëmgesat ginn, well et

virum der Deadline ass. Mä mir si jo guer net an deem Cas de figure, och wann d'Gesetz net géif geännert ginn. Hei hu mer jo d'Convention d'exécution, déi gëtt hei guttgeheescht, d'Autorité supérieure heescht déi gutt an och wann deen Delai vum August 2018 bestanen hätt, hätt dat heite kéinten ëmgesat ginn, well et virum där Deadline ass.

Mam Chemin piéton, do sinn ech iwwerfuert, esou am Detail hat ech dat net gekuckt. Ech kann dat awer nach eng Kéier nokucken, op alle Fall sinn effektiv Verbindungen virgesinn. D'Mauer, déi kënnt natierlech och erëm dohinner fir d'Sécherheet ze garantéieren, dat ass och an der Diskussioun mat Ponts et Chaussées. Well mir wëssen, dass dat eng geféierlech Plaz ass,

Ech mengen ech sinn op all d'Froen agaangen, da kënne mir ofstëmmen. Wien ass domat averstane? **Dat ass unanime. Da soen ech och do dem Gemengrot Merci.**

5. APPROBATION VUN DEN ÄNNERUNGEN AN DER ZESUMMENSETZUNG VUN DEENE VERSCHIDDENE KONSULTATIVE KOMMISSIONEN VUN DER GEMEINDE

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da géife mir weiderfueren an op d'Kommissionen kommen, an do sinn Ännerungen wou déi Lénk an och d'Gemeng eis matdeelen, engersäits hu mer e Gruppe de travail Promotion du Centre commercial, do hate mir vergiess, een dran ze nommieren, wéi mer e frësch besat hunn, dat war eis Architektin, d'Madame Mamburg an do ass et esou, dass den Här André Mathieu den Här Basile ersetzt fir de Geschäftsverband.

Dann hu mir um Niveau vun der Hygieneskommission d'Madame Tessa Erpelding, déi den Här Daniel Phillips ersetzt. An den Neie Medien ersetzt den Här Yves Jadin den Här Raoul Thill an an der Drëtterskommission ersetzt den Här Jos Thill d'Madame Chantal



Weinert an an der Jugendkommissioun ersetzt d'Madame Haas den Här Raoul Thill.

Dat sinn déi Changementer, déi an de Kommissiounen, respektiv am Groupe de travail stattfannen. Ass de Gemengerot domat averstanen?

Dat ass unanime. Merci

6. DISKUSSION IWWER DE SITE D'ARCELOR-MITTAL ZU DIDDELENG A PRESENTATION VUN ENGER MOTIOUN

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

An dat ass d'Diskussion ronderëm de Site Arcelor-Mittal Diddeleng, respektiv awer och d'Presentatioun vun enger Motioun wou ech hoffen, datt de Gemengerot déi gestärkt mat ënnerstëtzt. Fir e bëssen de Kader ze setzen, ech mengen Dir wësst, datt et um politeschen Agenda de Moment ass, datt Arcelor-Mittal d'Intentioun huet, am Kader vum Site Ilva an Italien, fir deen ze kafen, datt do am Fong d'Bereetschaft besteet, effektiv de Site vun Diddeleng ofzestoussen, an dat sech jo effektiv areit an d'europäescht Konkurrenzrecht, wou ee keng Monopolstellung dierf hunn an och keng Position dominante.

Fir déi e bësse méi generell politesch Diskussion, déi mir hei féieren, an och mat de Fuerderungen, dofir war et eis wichteg, als Schäfferot dem Gemengerot dës Motioun z'ënnerbreeden, obwuel mir och schon am Virfeld mateneen diskutéiert haten, datt et gutt wier, hei am Gemengerot eng Motioun z'ënnerbreede fir och do als Stad Diddeleng eng Rei ganz kloer Messagen ze ginn, nieft deene Messagen, déi Regierungsstelle kënnen ginn, respektiv d'Gewerkschaften.

Wann een e bëssen aushëlt, mengen ech, ass déi dote Firma, respektiv de Site selwer vun Arcelor-Mittal hei zu Diddeleng, wann een d'Origine kuckt, dat geet dat op 1980 zeréck, wéi se iwwer Giebel Sàrl sech do etabléiert huet. Wann een nach méi wäit aushëlt, do si jo am Fong déi national Industriezonen am Raum Diddeleng-Betebuerger deemools an d'Liewe geruff gi vun der deemoleger Regierung Enn 70er, Ufank 80er

respektiv awer och mat der Ënnerstëtzung vun dem deemolege Schäfferot well mir jo aus der Kris vun der ARBED erauskomm sinn an et war wichteg an deem dote Kontext fir déi Aarbechtsplazen, déi ofgebaut goufen, opzefänken an du war am Fong déi national an och lokal politesch Ausriichtung, national Industriezonen ze schafen, déi eis haut jo och nach zegutt komme wann nei Betriber sech usidelen - mol mat méi oder manner Diskussiounen - mee op alle Fall war eng vun deenen éischten Institutiounen, déi sech do etabléiert huet, dat war 1980, Ewald Giebel, déi laang do exploitéiert gouf, an och eng Rei Diddelenger oder respektiv mol zwee Diddelenger Matbierger do an der Direktioun och waren, respektiv Direkter vum Site selwer waren, iwwer Giebel dat herno och wéi gesot Galvalange gouf, respektiv och 2003 Arcelor et och opkaaft huet.

Dat heescht, dat Ganzt reit sech awer och an d'industriell Politik vum Land an awer och vun der Stad Diddeleng an, an et huet eis och d'Méiglechkeet ginn deemools ufanks der 80er Joeren, eis vun der Stolkris ze erkréien an dofir huet dat heiten awer, och wann et nëmmen eng Firma betrëfft, nëmmen déi heiten, awer och e ganz wichtegen historeschen an och ekonomesche Stelleväert fir d'Stad Diddeleng. Woubäi, wann een e bësse méi dee politesche Kontext oder wirtschaftleche Kontext kuckt, wësse mir natierlech och, an dat konnt Dir jo och an der Presse erausliesen, datt initial virgesi war, den Diddelenger Site net ofzestoussen.

Arcelor-Mittal hat dat effektiv net virgesinn, an dass am Fong d'Europäesch Kommissioun se forcéiert huet, eng ganz Rei Aktiver ofzestoussen, fir net effektiv déi dominant Positioun deementspriedend kënnen ze hunn an doropshinn ass natierlech de Site vun Diddeleng mat op d'Lëscht komm, wou een awer weess, datt de Moment awer de Site Diddeleng, op alle Fall wat d'Produktioun ugeet, gutt funktionéiert, de Calepin ass voll. Op där anerer Säit weess een awer, och wann ee mat de Leit schwätzt déi do schaffen, respektiv awer och mat aneren Acteuren, datt schon eng ganz Rei Joeren net um Site selwer richtig investéiert gouf.

Bon, natierlech ass och deen Delai vum 23. Mee, deen am Raum steet wou effektiv Arcelor-Mittal op d'Decisioun vun der Europäescher Kommissioun waart, wat am Fong den Achat vun Ilva deementspriedend och ugeet.



An et ass och doropshin, wou effektiv de Wirtschaftsministerium an ech selwer de 16. an de 20. Abrëll dee Courrier geschéckt hunn un d'Kommissarin Vestager, déi en charge ass vum Droit de la concurrence an déi eis och effektiv den 19. Abrëll 2018 jo eng Äntwert ginn, wou mir ganz kloer soen, datt et net ka sinn, datt engersäits dës Investissementer hei um lëtzebuenger Terrain, respektiv um Diddelenger Territoire stattfannen, well et ass dat wat et géing heesche säitens vun Arcelor-Mittal, fir op där anerer Säit, an Italien an eng aner nei Industrie deementspreechend iwwer de Rachat och z'investéieren, well et ass eng Stad, wat et heescht. Hei zu Diddeleng gëtt net méi investéiert vun Arcelor-Mittal fir op enger anerer Plaz iwwer de Rachat ze investéieren, wou mir awer och wëssen, datt och säitens dem nationale Plang Arcelor-Mittal och ënnerstëtzt gouf iwwert all déi Joere vun der Lëtzebuenger Regierung, méi wéi gesot, dat Ganzt reit sech an an déi ganz Legislatioun vum Konkurrenzrecht um europäesche Plang.

Wann een awer och e bësse kuckt wat och cocasse ass, wou een och e bësse méi déi italienesch Press ze liesen an deene leschten Deeg a Wochen, do ass natierlech och Ilva selwer e bëssen an der Diskussioun, well schonn 2012, wat ganz interessant ass, festgestallt gouf, datt d'Sociétéit respektiv Ilva selwer en zimlechen Desaster ass wat den Ëmweltberäich ugeet, respektiv do awer och 10 bis 15% d'Mortalitéit méi héich ass an der Stad Taranto duerch d'Sociétéit Ilva par rapport zu der nationaler Moyenne an Italien. An et ass da jo och d'Bewegung vun de 5 Stären, déi natierlech an deem dote Raum staark gewielt gouf, ganz kloer op hirem politesche Programm hat, d'Sociétéit Ilva zouzemaachen, wou mir dann haut an enger Situatioun sinn, wou Arcelor-Mittal de Site wëll opkafen an doran investéiere wëll.

Ech mengen, dat ass dann och eng Problematik vun der zukünfteger neier politescher, italienescher Regierung, mee wéi gesot, et ass awer e bëssen eng Situatioun déi ganz ganz cocasse ass, déi eis direkt net betrëfft an awer eis direkt an indirekt concernéiert, mee et ass am Fong geopolitesch wou dat Ganzt do spillt.

Natierlech, déi Fro, déi mir eis vun Ufank u gestallt hunn, ass, wann dat heiten elo esou ëmgeseit gëtt wéi et an Aussicht gestallt gouf, falls do en neie Repreneur sollt kommen, wéi eng industrielle Politik

huet dee vis-à-vis vu Lëtzebuerg, respektiv vun Diddeleng, respektiv vis-à-vis vun deem dote Site, deen en effektiv keeft? Wëll en do weider dran investéieren, ginn d'Aarbechtsplazen erhalen? Wat ass de Rentabilitéitsprinzip, deen hie gesäit? Wëll e net vläit en Deel vun der Produktioun delokaliséieren? Well mir awer hei an enger ganz spezifischer Produktioun sinn, déi awer zimlech unique ass, wou och fir d'Automobilindustrie ganz interessant ass. Ech mengen, dofir ass och de Calepin vun deem Site zimlech gutt gefällt. Et sinn eng ganz Rei Froen, déi sech effektiv do stellen.

Da mengen ech och, an dat hat ech ufanks gesot, mat der Decisioun, déi an den 80er Joere geholl gouf, sinn och gewëssen Diskussiounen gefouert ginn hei ronderëm Neischmelz. Mir wëssen hei an der Stad Diddeleng wou mir hier kommen. Diddeleng ass d'Wéi vun der ARBED. Diddeleng, wéi och aner Siten hei am Minett hunn zum Räichtum vum Lëtzebuenger Land bäigedroen. Ech mengen, dat war dee ganzen Eessor vun der Industrie.

Mir wëssen awer och, datt mir hei zu Diddeleng – an dat war konsequent, wéi dës national Industriezone geschaf goufen, datt Diddeleng och eng vun deenen éischte Gemenge war, déi ënnert der Kris och gelidden huet. Et ass och aus deem Kontext eraus, datt an der Motioun ganz kloer drasteet, datt et eis och wichteg ass, datt déi 300 Aarbechtsplazen, déi um Territoire vun der Stad Diddeleng sinn, datt déi erhalen bleiwen, well hei kommen Dag-an, Dag-aus 300 Leit an d'Stad Diddeleng awer schaffen op déi dote Plaz an an deem Kontext, mengen ech, sinn eng ganz Rei Inquietuden, déi geäussert goufe säitens vun der Regierung, säitens vun de Gewerkschaften, respektiv awer och vun de Gemengevertrieeder an där leschter Reunioun, déi mir wéi gesot och d'lescht Woch haten. Dofir mengen ech och kloer hei, d'Ausrichtungen, och déi staark Formulatioun an der Revendikatioun, mir wëssen, datt de Spillraum sécherlech vun der Stad Diddeleng limitéiert ass fir anzewierken, mee ech mengen, datt et awer hei verschidde rout Linne ginn, déi net z'iwwerschreide sinn an ech mengen, datt et och wichteg ass, datt mir déi hei zesumme ganz kloer an d'Vitrine setzen.

Engersäits eis natierlech, an dat ass déi éischt Fuerderung, géint de Verkaf vum Diddelenger Site kloer a formell ausschwätzen an och dat ganz staark betounen, datt mir eis natierlech ralliéieren an



natierlech hannert d'Regierung an och hannert d'Gewerkschaften, an dat natierlech och adresséieren un Arcelor-Mittal, datt si déi Decisioun vum Verkauf och deementspreechend solle reconsideréieren.

Datt mir eis natierlech Froe stellen a besuergt sinn, wat effektiv d'Exploitatioun an och d'Perennitéit vum Site hei zu Diddeleng ugeet, well mir, wéi ech och virdru gesot hunn, wann eventuell en neien Acquéreur sollt kommen, an och dat steet nach am Raum, well och déi Diskussiounen, déi mol waren iwwert en eventuellen Acquéreur och dat ass sécherlech net an dréchenen Dicher, och wannen 200km wäit ewech zu Léck och scho ganz aktiv ass. Mir wëssen net, wat dee neien Acquéreur, wat fir eng Politik dee wëll hei um Site bedriewen a wat deem seng Prioritéite sinn. An dat kann natierlech och besuergnisereegend sinn, well ech mengen och do de Corollaire respektiv och eng Suite logique ass, datt mir natierlech aus der Logik eraus ganz kloer der Meenung sinn, datt déi 300 Aarbechtsplazen um Diddelenger Site sollen erhale bleiwe, an datt mir och ganz kloer géint all Degradatioun vun den Aarbechtskonditiounen op deem dote Site sinn, ob en neien Acquéreur do ass, respektiv awer och wann de bestehende Propriétaire och Propriétaire bleift.

Datt mir natierlech och souwuel de Wirtschaftsministère wéi och den Aarbechtsministère an awer och d'Gewerkschaften de tous bords natierlech an hiren Efforten ënnerstëtzen, wat am Fong de Standuert vun Diddeleng ugeet, well och do probéiert jo jiddereen a sengem Rôle och anzewierken, d'Gewerkschaften och méi um europäesche Plang, natierlech awer och d'Regierung vis-à-vis vun der Europäescher Kommissioun, an datt mir op alle Fall déi doten Acteure ganz kloer ënnerstëtzen, an datt mir si awer och weider ënnerstëtze fir weider Drock opzehalen, datt weider um Diddelenger Site investéiert gëtt an datt mir och do mat der Decisioun vum 23. Mee, déi am Raum steet, datt mir och do kloer transparent Äntwerte kréie vun der Kommissioun, wat hier Decisioun ugeet wann si an déi eng oder déi aner Richtung goe soll an datt mir och d'Garantie hunn, wann effektiv en neien Acquéreur sollt kommen oder awer och, wéi ech virdru scho gesot hunn, eventuell den aktuelle Propriétaire Propriétaire bleift, datt am Fong nohalteg Investissementer weider an de Site gemaacht ginn an och dat nach eng Kéier aus der Lecture eraus, datt mir wëssen, datt an deene leschte Joeren dat effektiv net sou gehandhaabt gouf.

Et sinn am Fong 6 Elementer, 6 Pilieren, 6 Revendicatiounen, déi mir hei an d'Vitrine setzen, déi eis wichteg sinn a wéi gesot, ech hoffen datt dës Motioun déi néideg Unanimitéit hei am Gemengerot kritt, well ech mengen, et geet och haut dorëms, kloer Signaler ze ginn, engersäits un d'Regierungsmitgliedern, un d'Gewerkschaften, un Arcelor-Mittal an awer och un d'Europäescher Kommissioun. Voilà, dat zu den Ausféierunge wat dës Motioun ugeet an d'Diskussioun ass natierlech op.

YVES JADIN (DÉI LÉNK): Villmools Merci. Mir als déi Lénk ënnerstëtzen natierlech dës Motioun. Ech wollt just op e puer Punkten agoen an och vläit deen een oder deen anere Saz an d'Motioun bäisetzen. Zum Beispill kéint ee nach eng Kéier Arcelor-Mittal dorun erënneren, datt si och gehollef kritt hu vum Lëtzebuerger Staat wéi d'Stolkris war. Dës Weidere fanne mir, datt et net nëmmen e Problem vun Diddeleng ass, well d'Firma elo hei um Diddelenger Site steet, mee vun der ganzer Groussregioun. Ech ginn lech e Beispill: Arcelor-Mittal huet et fäerdegbuercht a Frankräich innerhalb vu 5 Joer een Drëttel vun de Leit ze liquidéieren. En Drëttel!

Wat mir awer lo richtig ze bedenke gëtt, datt sinn déi ganz Delaie vun den Informatiounen an den Interventiounen, an elo net vun der Lëtzebuerger Säit aus mee vun ArcelorMittal. Ech hu mech e wéineg erraageschafft, hunn och e wéineg am Internet nogesicht an do gëtt schonn ufanks 2017 dovu geschwat - Reuters ass net bekannt dofir datt se Fake news erausginn - datt Arcelor-Mittal Interessen hätt fir Ilva opzekafen. Um Site selwer vun Arcelor-Mittal fënnt een dann e ganz kleng Saz, datt si eng offiziell Demande gemaach hunn de 6. Mäerz 2017 un den italienesche Staat fir Ilva z'iwwerhuelen. Eng Ilva, déi a verschidde korrupten Affäre verwickelt ass, sief dat finanzieller Natur, verstéisst géint d'Naturschutzreglementer a last but not least géint Aarbechtsgesetzter. D'Konsequenz: eng Staatstutelle déi dofir gesuergt huet datt eng marod Firma konnt iwwerhuelen. Elo ass et esou, Arcelor-Mittal leet eng beträchtlech Zomm dohinner fir dat z'iwwerhuelen, mee ech géif soen, dat ass fir si e Schnäppchen.

An dat Ganzt op Käschte vun engem Diddelenger Site wat net ze akzeptéieren ass. Dunn op eemol, den 8. Februar, informéiert Arcelor-Mittal, datt d'EU-Kommissioun eng fréier Offer – ech schwätze vun enger fréier Offer – vun Zougeständnesser refuséiert



huet. Eng Demande, déi am September 2017, dat heescht viru 7 Méint gemaacht gouf. Hei ass sécherlech z'erkennen, datt si bei Arcelor-Mittal ganz genau woussten a nach ëmmer wësse wat fir Zougständnesser si musse maache fir net eng Monopolstellung an Europa ze kréien. An et geet net just duer, eng Lëscht mat Site, déi net rentabel sinn ze presentéieren oder Firmen, déi eppes ganz anescht produzéieren. An zack, war Diddeleng op ee Mol am Gespréich.

Ech stelle mir hei d'Fro, firwat de Lëtzebuerger Staat net vun Ufank un iwwert dës Méiglechkeet informéiert gouf, sief dat vun Arcelor-Mittal selwer an op d'mannst vun eisem nationale Vertrieeder am Conseil d'Administration, den Här Jeannot Krecké. D'Feele vun Informatiounen bedeit elo, datt mir mam Réck widder der Mauer stinn an am Moment bleift just ze hoffen, datt d'Europäesch Kommissioun nogëtt. An dëser Hoffnung, sou wéi mir et scho virdru gesot hunn, stëmme mir mat engem kloere "Jo" fir dës Motioun. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Här Jadin fir och deen dote kloere Message.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Effektiv haten de Buergermeeschter an ech och schonn eng Kéier Rieds gehat wéi elo déi Nouvelle an der Presse war, datt mir missten onbedéngt als Diddelenger Gemengerot eng Motioun verfaassen an ech fannen, et ass einfach wichteg, no baussen de Message ze vermëttelen, datt de Gemengerot, als 19 gewielte Vertrieeder vun der Populatioun an am Numm vun den Diddelenger Bierger géint de Verkauf vun eisem Site protestéiert.

Den Historique vun der Liaison Diddeleng an ARBED/ Arcelor huet de Buergermeeschter schonn ënnerstrach an och wéi den Här Jadin gesot huet, och de Staat huet Arcelor-Mittal vill Gefale gemaacht. Diddeleng huet scho seng Opfer bruecht. Am Historique wou den Här Buergermeeschter opgezielt huet, ass dat schonn erwänt ginn a virun allem och notament de Site Neischmelz, deen de Staat vun Arcelor iwwerholl huet a wou op de Prinzip Pollueur-Payeur verzicht gouf. Arcelor brauch iwwerhaupt näischt an deem Site ze sanéieren, mir hunn him nach d'Féiss gekësst, datt en eis den Terrain iwwerlooss huet an elo kritt Diddeleng e Fouss bei

d'Këscht an dat ass net an der Rei an dofir fanne mir dat och ganz wichteg, datt dës Motioun elo hei um Dësch läit.

Sécher kann ee soen, ARBED oder Arcelor-Mittal dat ass e Global Player, eng Multinationale, déi aner Interesse verfollegt wéi d'Erhale vun 300 Aarbechtsplazen hei zu Diddeleng a fir si ass Diddeleng, dat ass eng Fabrik vu villen, dat ass e Spéngelskapp op hirer Weltkaart, mee ech denken och, datt een als Bierger an och als Gemengerot muss de Message souwuel an eis Regierung wéi och an d'Europäesch Kommissioun mee virun allem awer och an de Verwaltungsrot vun Arcelor-Mittal, an och - wéi den Här Jadin richteg gesot huet - un de Lëtzebuerger Vertrieeder, datt mir dat heiten iwwerhaupt net appreciéieren an datt mir vehement protestéiere géint den Ausverkauf vun eiser Diddelenger Fabrik.

Et wäert zwar esou sinn, datt Arcelor sech eng Kéier rëselt wéi en Hond, deen eng Laus am Pelz huet an awer decidéiert wéi hie wëll, mee dat heite sollt eis alleguerter mol zum Nodenke bréngen an eis bewusst maachen, datt mir eis net nëmmen un d'Grousskapital sollen hale fir eis Wirtschaft un d'Rullen ze huelen, mee och mol eis lokal a regional Kleng- a Mëttelbetriber an Éieren halen an och eng gewësse Skepsis solle walte loosse wa multinational Firmen oder grouss international Firme wëlle bei eis kommen. Ech denken elo just d'Diskussioun vun der Joghurtsfabrik ass eng vu villen.

D'CSV dréit op alle Fall dës Motioun mat an egal wéi et ausgeet, egal wien herno kënnt, ech denken et ass och wichteg, hannendrun ze bleiwen an herno nach de Message ze ginn, datt onbedéngt muss um Site investéiert ginn, an datt virun allem alleguerter déi Acquisen, déi mir hunn, wat Aarbechtsrecht ubelaangt, wat Ëmweltschutz ubelaangt, datt déi mussen héich gehale ginn an dofir dréit d'CSV op alle Fall och dës Motioun mat.

MARTINE BODRY KOHN (LSAP): Villes ass elo scho gesot a vun all deenen, déi elo hei d'Wuert ergraff hunn, dat kann een nëmmen ënnerschreiwen. Den Här Buergermeeschter huet jo ganz ausfëherlech elo hei d'Motioun schonn erkläert, déi hei zur Diskussioun steet. Do sti vill wichteg Sätz dran an Argumenter, déi mir och hei elo als Diddelenger Gemengerot wëllen ervirbréngen.



Op e puer Zeile wëll ech trotzdem nach agoen, vläit ass dat e bëssen emotional, ech weess et net, mee et huet mech immens touchéiert wann een da liest, 300 Leit schaffe fir Arcelor-Mittal an der Gemeng Diddeleng, dat ass elo eng kleng Zuel wéi d'Madame Kayser gesot huet – Peanuts, gell, fir sou eng Firma – mee dat sinn 300 Existenzen, dat sinn 300 Famillen, déi do derhannert stinn a mussen elo zidderen a wëssen net wat d'Zukunft fir si bréngt wäert. An Diddeleng ass grouss ginn duerch d'ARBED, dat ass richtig, mee d'ARBED ass awer och grouss ginn duerch déi Leit, déi hei säit Generatiounen mat hiren Hänn de Stol hiergestallt hunn. Et war ëmmer e Ginn a Kréien, en Hand-an-Hand an et ka keen ouni deen aneren. Ma, et schéngt wéi wann déi 300 Existenzen net méi vill zielen um globale Marché fir déi international Konzern, wou mat Zuele jongléiert gëtt a wou net un d'Leit geduecht gëtt.

An och d'Positioun vun der EU-Kommissioun ass natierlech an deem Kontext schwéier nozevollzéien. Dofir ass et ëmsou méi wichteg, datt mir elo hei all zesummen iwwert all politesch Divergenzen ewech hei geschlossen de Message ginn, an dee Message heescht "Nee zum Verkaf vum Diddelenger Wierk, Nee zu engem eventuellen Ofbau vun Aarbechtsplazen oder enger Verschlechterung vun den Aarbechtskonditiounen". A mir loossen dat och net einfach mat eis maachen an ënnerstëtze souwuel d'Gewerkschaften, de Wirtschaftsminister, den Aarbechtsminister an och eise Buergermeeschter Dan Biancalana an hiren Demarché fir weider Drock ze maachen fir de Site Diddeleng z'erhalen. Bleift ferm!

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci villmools fir déi doten Zoustëmmung wat d'Motioun ugeet.

ROBERT GARCIA (DÉI GRÉNG): Merci. Vun de Gréngen hier ginn ech natierlech och meng Zoustëmmung zu der Motioun, och mat deenen Argumenter, déi scho gesot goufen. Och wann een natierlech - wéi de Buergermeeschter sot - keng immens vill Awierkungsméiglechkeeten huet, ass et e bësse psychologesch dat heiten, et ass och e bësse Walkampf. Cinque Stelle maachen eben an Italien déi eng Mouvementer, mir mussen natierlech am Walkampf oppassen, datt mir Saache verdeedegen, déi vläit an aneren Terrainen net verdeedegt ginn.

Ech profitéieren awer vun der Geleeënheet vläicht fir

zwou Remarquen ze maachen, well hei ass jo e bësse lokal Economie meets Globalisation an duerfir misst ee vläit zwou Remarque maachen. Wéi eng Feeler si gemaacht ginn? Éischtens, am Émgang mat der Stolindustrie zu Lëtzebuerg säit 40 Joer an zweetens, beim Opstelle vum Lëtzeburger Geschäftsmodell. D'Madame Kayser ass schonn eng Kéier kuerz dorop agaang. Wat d'Gestioun vun der Stolkris ugeet zu Lëtzebuerg, déi ass jo allgemeng unerkannt, datt se relativ gutt gemaach ginn ass, mee et sinn natierlech net all d'Saache positiv. Ech huelen zwou Saachen do eraus.

Éischtens ass an de 70er Joere verpasst ginn, déi Opfer, déi d'Bevëlkerung duerch hir Steieren an och duerch aner Mesurë gemaacht huet fir d'ARBED ze retten, datt do e Géigepart gemaach hätt misse ginn, wéi zum Beispill, datt d'Liegenschaft vun der ARBED verstaatlecht gi wäeren, da géing de Projet Neischmelz vläit schonn existéieren, vläit net 15, 20 Joer. Bon, dat ass elo e bësse vermessen fir elo historesch dat ëmzedeeën, dat ass eng aner Situatioun gewiescht.

Dat anert ass, datt mir d'ARBED ëmmer als Lëtzeburger Institutioun betruecht hunn, obwuel se scho säit éiwege Global Player war an am Géigesaz zum Saarland, déi jo duerch hiert Engagement als Saarländ méi en Afloss op hier Stolindustrie haten an de leschten 20, 30 Joer, ewéi Lëtzeburger op hier Stolindustrie, hu mir et do e bësse verpasst, ausser symbolescher Präsenz a Verwaltungsréit bei Arcelor-Mittal méi eng pro-aktiv Politik kënnen ze maachen. Et ass kloer, datt den Här Mittal, deem ass Diddeleng net méi wäert wéi eng Téiplantage an Darjeeling, dat ass him komplett egal. Ob hien elo e Wierk mécht an Italien oder hei, dat huet fir hie keng weider Relevanz. Dat ass natierlech och e Punkt, deen elo vläit ze spéit ass fir ze diskutéieren, mee dee viru 40 Joer hätt misse vläit an Erwägung gezu ginn, wéi d'Lëtzeburger Präsenz, Rechtpräsenz an der Stolindustrie nach hätt kënnen etabléiert ginn.

Deen zweete Punkt ass natierlech d'Lëtzeburger Geschäftsmodell. Ech mengen, mir sinn dat globaliséiertst Land vun der Welt, mir sinn dat Land wou d'Verhältnis tëscht der Populatioun an den Aarbechtsplazen am ausgeprägten ass. Et gëtt kee Land vun der Welt, wou et méi Aarbechtsplaze par rapport zu den Awunner gëtt. Et gëtt och kee Land, wou en Drëttel vum PIB exportéiert gëtt. Mir sinn



also Nutzniesser vun der Globaliséierung, an natierlech kënne mir och bei all Mouvement, deen an der Globaliséierung passéiert, och Opfer dovunner ginn. Dat féiert dozou, datt een de Velleitëite vun der Weltwirtschaft ausgesat ass. Een Aarbechtsminister kann natierlech d'Aarbechtsplazen hei zu Diddeleng vehement verdeedegen, aner Wiertschaftsministere, déi ginn a strukturaarm Géigenden Aarbechtsplaze siche fir se heihinner ze bréngen.

Ah nee, dat ass zwar dee selwechten, mee egal. Dat heescht, do ass schonn eng gewëssen Hypocrisie mat dran. An dat ass eben esou mam Geschäftsmodell vu Lëtzebuerg wou ee muss domat liewen. Et gi souguer ganz radikal – ech hunn do zoufälligerweis nach gëschter e Buch hei fäerdeggelies, an et däerf ech jo och einfach en Zitat hei bréngen, vun dem Här Gabriel Zucman, deen zesumme mam Här Piketty jo Bicher iwwer Globaliséierung a Kapital rausbréngt, just fir datt ee bësse ka laachen, et ass wierklech ganz radikal, ech zitieren zwee, dräi Sätz: “Situation unique au monde et dans l'histoire, aucune – mir schwätzen iwwer Lëtzebuerg – aucune nation indépendante aussi petite et ouverte au commerce international, soit-elle, n'a jamais versé une telle part de ses revenus à l'étranger. Un seul territoire s'apparente aujourd'hui à cet égard au Grand-Duché, Porto Rico, paradis fiscal prisé par les multinationales, notamment pharmaceutiques. An dann heescht et weider: “La différence avec le Luxembourg, Porto Rico n'est pas une nation indépendante.” An da kënnt en zu enger ganz radikaler Froestellung: “Un pays pose problème car il est protégé des sanctions douanières par les traités européens, c'est le Luxembourg. Faut-il l'exclure de l'Union européenne ?” A weider: “Soyons clairs, si le Luxembourg n'est plus une nation, il n'a plus sa place dans l'Union européenne.” Et ass flott, provokativ, well et ass effektiv esou, eise Geschäftsmodell besteet doranner, vun der Globaliséierung ze profitieren, Aarbechtsplazen aus strukturschwaache Géigenden, zum Beispill a Griicheland bei eis unzezéien, da muss een natierlech domat liewen, datt och aner Global Player versichen, Aarbechtsplazen hei ofzezéien. Dat soll awer net elo eng Entschëllegung fir Arcelor-Mittal sinn, fir dat ze maachen, an dofir ënnerstëtze mir natierlech och weiderhin déi Motioun.

Ech hat nach vergiess, bei de Mesurë virdrun ze erwänen, well ech e bëssekrank sinn, hat ech vergiess z'erwännen, datt et an den achtzeger Joren, wéi ech

ugefaang hu mat der Politik e Pabeier gouf vun zwee sozialistesche Politiker, den Här Kollwelter an den Här Frühauf, déi d'Verstaatlechung vun der ARBED gefuerdert hunn. Dat wier och eng radikal Léisung gewiescht, mee déi war weder bei hire Parteigänger nach bei anere Parteie ganz beléift, mee et ass awer interessant, ze soen, datt et och Efforte gouf fir de Rôle vun dem Staat zu Lëtzebuerg, vläit net op déi radikal Aart a Weis vun der Verstaatlechung, fir de Rôle vun dem Staat hei zu Lëtzebuerg an hirer Global Player Firma ze verstärken. Dat ass leider verpasst ginn, besonnesch bei deem Putsch, dee senger Zäit de Mittal gemaacht huet fir do kënne méi Afloss ze gewannen. An d'Konsequenzen hei, déi musse mir dann elo ausbueden. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):
Merci dem Här Garcia. Nach weider Stellungnahmen? Dat ass net de Fall.

Ech ginn dann op déi verschidde Positiounen an. Ech wëll just vläit dat eraushiewen, wat den Här Jadin gesot huet par rapport zum Zousaz. Ech hu kuerz concertéiert, an ech mengen déi kann ee bäisetzen. Also, da géife mir bäisetzen: “Rappelons que Arcelor-Mittal a été largement soutenu par le gouvernement luxembourgeois dans le passé.” Ass dat eng Formulatioun, déi OK wier, déi an déi Richtung géing goen? Kéinte mir deen Ajout maachen? Gutt. Voilà, dat dann emol zu der Motioun.

Da wëll ech awer vläit soen, datt et an dësen Diskussiounen, déi mir hei hunn, net ëm Walkampf geet. Wann dat Är Lecture ass, dann ass dat Är an Är eenzeg Lecture. Säitens hei vun den LSAP-Memberen, fir déi eemol unzeschwätzen, vun der LSAP-Fraktioun geet et wéi virdru richtig gesot ëm 300 Existenzen, déi um Diddelenger Territoire all Dag schaffe kommen an dat ass déi Lecture, déi mir deementsprechend och hei maachen. A wann och hei de Verglach gemaacht gëtt mat strukturschwaache Regiounen... ech mengen, datt de Gros aus der Groussregioun heihinner schaffe kënnt, dat heescht dat wat Dir effektiv vu Bild awer skizzéiert do, dann éischter net zu der Regel gehéiert, well am Fong de Pouvoir d'achat deen zeréckgeet, dat ass dee vun der Groussregioun awer och vun Aarbechtsplazen déi hei geschaafft ginn, déi a Consideratioun gezu ginn hei zu Lëtzebuerg par Rapport zu der Masse salariale, déi mir hunn. Och dat wollt ech awer hei nach eng Kéier kloer stelle par rapport zu den Ausféierungen, déi Dir



gemaacht hutt par rapport zu der Politik déi ee kann a Aussiicht stellen, wann ech lech richtig verstanen hunn.

ROBERT GARCIA (DÉI GRÉNG): Dat heescht, mat Strukturregiounen waren net d'Groussregiounen gemengt, dat war éischter eng griichesche Regioun gemengt, wou eng Joghurtsfabrik am Moment ass. Dat war gemengt. Et hat näischt mat der Groussregioun ze dinn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dofir soen ech, dee meeschte Pouvoir d'achat geet an d'Groussregioun zeréck, an de Bassin wou mir Aarbechtsplaze kréien a rekrutéieren ass d'Groussregioun, dat ass d'Regel an dat wat Dir skizzéiert hutt, ass largement d'Ausnahm. Dat awer nach eng Kéier an de wirtschaftleche Kader vu Lëtzebuerg deementspreechend och gesat. Mee bon, wéi gesot, effektiv, de Lëtzebuerger Geschäftsmodell ass deen, ganz kloer, datt mir un auslännesch Aarbechtsplazen ugewise si fir eis Ekonomie och dréinen ze loosse. Voilà, méi wollt ech elo zu deene verschiddene Contributiounen net soen, ausser, datt et an déi Richtung geet, datt mir hei eng grouss Zoustëmmung kréien.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Ech mengen, de Buergermeeschter ass op d'Detailer agaangen. En ass och drop agaangen, datt dat heizen net ass fir Walkampf ze maachen. Ech wëll awer op déi Remarque agoen, déi den Här Garcia gemacht huet an de Verglach mat der Cinque Stelle Bewegung gemacht huet an Italien. Bon, ech weess net ob den Här Garcia déi Partei esou gutt kennt wéi ech an ob en deenen hire Walprogramm gelies huet. Ech weess och net ob e weess firwat déi Partei steet, mee déi Partei gesäit sech als eng post-ideologesch Partei, déi weder lénks nach riets ass. Bon, zumindest dës d'Majoritéit hei, déi weess wou se steet, nämlech lénks. Dofir ass dee Verglach eng Beleidegung a fir e klengen Auszuch dann aus dem Walprogramm ze huelen: Do wëllen si zum Beispill d'Reduzéierung vun den ëffentlechen Schoulen fir datt de Staat ka spueren. Domat kann dës Majoritéit sech op alle Fall net identifizéieren an dofir ass dee Verglach mat der Cinque Stelle Bewegung eng Beleidegung.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Claudia Dall'Agnol och nach eng Kéier fir déi dote Präzisioun. Da géing ech proposéieren, datt mir zum Vote iwwerגי vun dëser Motioun, mam Ajout, dee mir bäigesat hunn.

Ass de Gemengerot mat dëser Motioun averstanen?

Dat ass unanime, da soen ech lech Merci a mir géifen dat dann och un déi verschidden Acteure weiderschécken.

Domat wiere mir zum Schluss ukomm, et si keng Froen un de Schafferot an da géife mir an de Huis Clos iwwergoen.



SUMMERSTAGE

HARMONIE MUNICIPALE & SPECIAL GUESTS
LAETITIA KOENER / LYNE KUFFER / SAM TRITZ / ALEX HEYAR

OPENING ACTS: ORCHESTRE SYMPHONIQUE DE L'ÉCOLE RÉGIONALE DE MUSIQUE & BANDA
GIOVANILE J. LENNON FONDAZIONE SCUOLA DI MUSICA 'CARLO E GUGLIELMO ANDREOLI'

13.07. 19H30 / PARC LE'H
DUDELANGE

ENTRÉE GRATUITE

UN HOMMAGE À
THIERRY
VAN WERVEKE

DANS LE CADRE DE L'EXPO THIERRY! AU POMHOUSE



BP 73 L-3401 Dudelange /// T516121-1
ville@dudelange.lu /// www.dudelange.lu



/villededudelange



@villedudelange

INFOS

www.opderschmelz.lu
Tél. (+352) 51 61 21-811

opderschmelz
CENTRE CULTUREL REGIONAL DUDELANGE

